*D'Union vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen ass fir Urdnong, Freihét a Gerechtegkét vun der ganzen Natio'n. Si trött a fir e gesonnten Opbau vum neie Letzeburg, an dém all Mönsch en zefriddent Liéwe fe'ere kann. — D'Union appelle'ert un all Guddgesönt mattzehöllefen un der Verwirklechong vun hirem Programm.*

# D'Union

D'Unio'n erschengt all Woch am Verläg v. d. Unio'n Abonnement: 15 Fr. pro Quartal — Enzelnummer 1.50 Fr. — Geschäfts- an amtlech Annoncen 2 Fr. pro Millimeterzeil. All aner Annoncen 1.75 Fr. — Administratio'n, Expeditio'n, Redaktio'n: Eck Philipp- an Enneschtgâss — Telefon 5832/508 — Postscheck Nr. 6491 — Verantwortlech ass den Aktio'nscomité.

**Jor 1 · No 8 · 18. November 1944**

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V. D. UNION) · ORGAN VUN DER UNIO'N · ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

# Onse nationalen Opbauprogramm

## Wofir ons Gro'ssherzogin nach net hémkomme kann

An enger Pressekonferenz den Donneschdeg 16. Nov. em drei Auer möttes am Finanzministerium zu Letzeburg, zu dèr d'Vertriéder vun der Press ageluede woren, a wo' den Her Staatsminister DUPONG mam Colonel Frank E. FRASER a Beglédong vum Majo'er KONSBRUECK erschenge woren, huet de Colonel FRASER des Mattdélong gemat:

„Wa seng Exzellenz den Her Premier erlabt, ge'f ech den Häre vun der Press eng Mattdélong man iwer d'Hémkommen vun Hirer Kineklecher Altess der Gro'ssherzogin vu Letzeburg.

We' mer den 10. 9. an der Ge'gend vu Pe'teng an de Grand-Duché ko'men, wor wirklech de' e'scht Fro vun engem Letzeburger: Brengt Der eis Gro'ssherzogin eröm? Och beim Stadhaus hun eng Mass Leidd eis fröndlech zo'geruff, d'Hand gedreckt a gefrot we' et matt der Gesondhét vun der Gro'ssherzogin wir, a we'ni si erömke'm. Meng Äntfert wor allke'er: Eso'bal mer wössen, datt keng Gefor me' bestét.

Bal all Dag nach zönterhir go'f mer de' Fro gestallt: Könt eis Gro'ssherzogin elo eröm, nodém d'Preisen hei eraus sin?

De' Fro go'f mer gestallt vun Arbechter, Bauern, Geschäfsleidd, he'ch a niddreg Beamten kurz vun alle Klasse vun der Bevölkerong. A wann de Prenz Felix selwer de' Fro stelle ge'f mîsst ech him de' Äntwert gin, de' hie scho lâng kennt. Ech wor dofir mêschtens ganz iwel drun, wann ech alle Leidden ömmer de' selwecht Fro hu misse beäntferten.

De' ganz Zeit wo' ech hei sin, go'f ech och ömmer eröm vun Hirer Kineklecher Altess der Gro'ssherzogin em d'Erlabnes gebiéden hémgoen ze därfen an hirt Land an zu hirem Vollek.

Et huet mer allke'er se'er we' gedon Hir dé Wonsch net erföllen ze können, zemol de' Fro vun enger Herrscherin ko'm, de' an der ganzer Welt bele'ft ass.

De' lèscht Woch nach huet Hir Altess mech em d'Erlabnes gebiéden e r ö m kommen ze därfen. Schliesslech muss ech an dat Land furen, wo' Si ass fir de' Sâch ze bespriéchen.

Ir ech de' lèschte Ke'er op Hir Ufro geäntfert hun, hun ech d'Fro mam Haptkommando vun den amerikaneschen Arme'en beschwat, dén och der Ménong wor, datt d'Gefor na net eriwer an de Grand-Duché na net libere'ert wir. Mir hoffen ower all datt Si geschwön erömkomme kann an datt et net ne'deg get Hirt Hémkommen nach weider ze verléen. Ech ge'f Iech jo le'wer e bestömmten Datom festléen, a bléden Iéch ower weder dem Haptkommando nach mir es dofir zevill ze wöllen.

Et wèrt de stolzesten Dag vun eisem Liéwe gin, wa mir der Gro'ssherzogin C H A R L O T T E können d'E'regeléd gin, net e Secherhétsgeléd, zu hirem Vollek, an hirt Land.

Ons Secherhét ass net allze wichteg, ma hir Secherhét ass vu gre'sster Bedeitong. Mir all biéden, dass si ömmer gesond soll bleiwen, an dass si nî me' ne'deg huet sech vun Hirer Hémecht an Hirem Vollek ze trennen."

* * *

Hém, hém, hém — a mei Land....

Et ass e Virrecht vun de Gro'ssen, dass si oft vum Himmel me' geschloe gin, datt si oft me' de'f emfann mussen we' hir Mattmönschen.

Et göt hinnen och secher me' he'ch ugeschriwen.

We' oft wuel soll ons Gro'ssherzogin an der Friémd an Hirer Wunneng um Balcon gestanen hun ze drémen, Verlângeren an den Aen a vleicht eng hémlech Tre'n.

Wat muss et Hir besonnesch we' gedoen hun, datt se den Dag vun Hirer Sölwerho'chzeit an der Friémt huet feiere missen.

Hate mer net Recht matt onser Adress, we' mer firte'scht vru Si an vrun d'Vollek getratt sin?

Dat huele mir alles erem no, — an den Dag ass net me' fèr, wo' och Si eröm hém ka kommen an dat klengt le'ft Letzeburg, wo' et eso' gudd ass an eso' sche'n.

D'Unio'n wèrt Hir dén Dag eng Fréd man, de' kén Hir mâche kann.

## D'Loyéen op sozialer Grondlag

Eng Fro, de' am Zesummenhank matt der Geldtauschoperatio'n a matt der neier Preisrégelong vill opgeworf go'f, a schliesslech och gele'st ass gin, ass de' vun de Loyéen.

D'Propriétären haten eng Le'song propose'ert, de' eng 60prozenteg Augmentatio'n vun de Virkrichsloyéen durchgefo'ert hätt. Se hun dobei eso' argumente'ert: 1. D'Preisser fir Liéwensmöttelen an de' sonsteg Produkten sin allgemeng em 60% an d'Lûcht gângen, 2. d'Arbechter- an d'Handwirkerle'n, we' och d'Gehälter vun den Employéen a Staatsbeamten sin an der gleicher Proportio'n gehe'gt gin, an 3. sin d'Käschten fir d'Reparaturen, d'Steieren an all de' aner Käschten, dénen den Hauségentömer önnerworf ass, ordentlech an d'Lûcht gâng. Si sin der Iwerzégong gewiéscht, datt eng Augmentatio'n vu 60% sech önner dénen Gesichtsponkten rechtfertege gelôss hätt.

Wat ass ower duerzo' ze soen? Ass tatsächlech eng Upassong vun de Loyéen an dém Môss wirtschaftlech erfuerdert? Mir mussen dovun ausgoen, we' d'Preisen nom 10. Mé 1940 d'Preisser an d'Le'n allgemein em 45 Prozent a weider augmente'ert hun, fir ons Preislag der deitscher unzepassen. Dobei si sonderbarer Weis d'Loyéen nöt gehe'jt gin, wuel aus dem Grond, well de Mieterpreis un a fir sech schon he'ch genuch wor fir d'Käschte vun den Heiser ze decken an driwer ewech nach en ustännege Profit ze mâchen. Haut sin d'Le'n an d'Gehälter wuel em 60 Prozent gehe'jt gin, awer op der Basis vun 1940, dat héscht, se leien ca. 10—15 Prozent iwer de Le'n a Gehälter, de' d'Preisen dekrete'ert haten. Sollen ons Propriétären durfir nöt zefridde sin, wann si haut eng Augmentatio'n vu 25 Prozent op de reduze'erten Virkrichsloyer zo'gestane kre'en an domatt e Kapital verzönse können, dat hinnen am Krich net verluer gangen ass? D'Immöbelen hun hire Wert behalen an et ass selbstverständlech, datt et haut grad un dénen ass, e klengt Opfer ze brengen, de' aus dem Krich me' oder we'neger ongeschiedegt erausgänge sin. Wat d'Privatwunnengen ubetröfft, könne mir ro'eg behâpten, datt den neie Loyer d'He'chstgrenz vun dém durstellt, wat e klengen Employé an Arbechter aus sengem Akommes ewech ka gin. Anescht stellt d'Fro sech vleicht bei de Geschäftsheiser. Et mag sin, datt virum Krich muenche Loyer a Bail gedreckt si gin, aus ongerechtfertegte Grönn. Da stét et och dem Egentömer haut frei, fir matt den ne'dege Beweiser doge'nt Klo ze fe'eren. Et sin tatsächlech d'Geschäftsleit, de' och am Krich gudd verdengt an net vill gelidden hun, an net op t'Käschte vun dem Hauségentömer nach favorise'ert misste gin.

De' nei Loyéen ergin sech doraus, datt én de Marke-Loyer multiplize'ert matt 12,5 oder, wann dat me' eng he'ch Zomm ge'f gin, de Loyer vum September 1939 matt 25% Opschlag berechent. De Lokatär kann de' gönstegst Le'song fir sech beanspruchen. De' nei Loyéen lâfen un vun Enn Oktober oder Ufank November, je nodém op no oder viraus bezuelt get.

Wat ganz intressant ass an der neier Le'sung, ass wuel d'Absicht, de' staatlecherseits draus erfir gét, den Hausbau vun der Zo'konft an d'Buedem-Spekulatio'n net ze verdeieren, sondern am Interêt vun enger sozial begönschtechter Populatio'n ze verböllegen.

Servus.

## Uechtgedoen! Letzeburger, wat gét fir?

D'Freihét ass dat hellegst Gudd.
(Aus engem ale Volkslidd.)

Wann ech an de vergângene Wochen an Deg iwert d'Land gong, dann hât ech oft Geléenhét, mat eise Leiden iwert all Me'gleches ze sprochen. Et wor mer ömmer eng gellech Fréd, mat treien oprêchte Letzeburger zesummen ze kommen, de' o'ni vill Opw[illegible] ze mâchen, hir Zeit an hir Perso'n eso' afferwölleg an den Dengst vum Land gestalt hun. Se hätten et jo net ne'deg gehat sech der Gefor auszesetzen, well jidderé wêss, datt am Ufank d'Situatio'n alles we' net geheier wor. Et wîr jo menger wärrech vill me' sche'n gewiescht, am Sonndessefuedem durch d'Strôssen ze schlendern a sech mat den anere Leiden der neigewonnener Freihét ze fréen. Ma fir si go'w et keng frei Stonn. Kaum wor d'Zeidong do, datt et zum Enn ge'ng mat der preisescher Kujenat, kaum datt eis Leid e Wand kruten, d'Amerikaner wîren am Unzok, do woren se al prett fir hire Posten ze iwerhuelen. O'ni vill ze diskere'eren, op den e'schten Opruff woren se do. Stëll an diszipline'ert hun se hiren Dengscht ugetratt. An Amen a Jo wor alles prett. Lôsse mer eis et agestoen: Wuer wär et am e'schten Ament higang, wann d'Unio'n net stâwer mat hire Leiden agegraff hätt. All dat wat nach lusch a verstoppt heierömmer so'tz, all de', de' net me' mat ewech komm sin, all des hätte bestemmt nach vill Onhél ugericht, well se haten am Fong jo neischt ze verle'eren. A vun uewen erof go'w alles, wat mer gemach hun, fir gudd gehal.

Deser Deg wor et anescht. Ech hat erem en Tur gemâcht. Kale Schlorén ass gefall an de Novemberwand huet iwer d'Koppe gejaut. An do ass mer eppes opgefall. Et wor eidel an de Strôssen. De' stramm Borschten, de' eso' fröndlech an dizipline'ert hiren Dengscht versin hun, waren net me' do. Et huet eppes an der Loft geléen, wat mer net gefall huet. Endlech hun ech é vun onse Leiden bege'nt. We' ech en du gefrot hun wat lass wîr, do huet e mer alles verzielt, we' et ko'm dat se fir de Moment net am Dengscht wîren. An zum Enn aus sot e mer: Eso' weit si mer elo. Ve'er Jor lâng hu mer de Kapp duergehalen, mer hun Dag an Nuecht mat eisem Liéwe gespillt, ömmer nemmen an dem enge Gedanken geliéwt: ALLES FIR D'LAND! An der Töschenzeit so'tzen aner flott hannerwanns. Wa mir a kale Wanternuechten den treie letzeburger Jong, dén de' verhâsst gro Uniform net wollt droen, iwert d'Grenz bruecht hun, wa me' we' eng Ke'er d'Kugelen em eis gepaff sin, dann hu si vleicht aus elauter Suerg fir hir gemittlech Plazen un engem preiseschen Heimabend délgeholl. Et wor jo och vill me' lîcht a secher. Et konnt jo kén hinnen zo'mudden, hirt deiert Liéwen an d'Schanz ze schloen. Haut könte mer dann erem eso' lues verschwannen. DAT WER KAMO'D!

Wa verschidden Hère mengen hir Stonn wär elo erem do, dann iren se sech. Mir schwätze bestömmt des Ke'er matt, ob dat nu gefällt oder net. **Wat gét fir? Letzeburger opgepasst!** Et ass eppes an der Wier fir erem mat eis dat alt Spill ze dreiwen. Mir hun et schons lâng gemierkt, datt verschiddener den alen Dre' erem sichen, fir eis ausernén ze reissen. Se opere'eren mat dem alen Trik: Durch hémlecht Wullen an Hannerdreiwe vun allem wat mer önnerhuelen, soll d'letzeburger Vollek op e neits opgesplekt gin. Duerge'nt héscht et Front gemâch. Wa mer et ferdeg bruecht hun, ve'er Jor lâng we' é Mann zesummen ze stoen, wann an de batteren Zeiten vum Krich nömmen eng Paro'l gegollen huet: ÉNEGKÉT!, da werte mer och elo, wo' vun Dag zo' Dag eis Reie me' gro'ss gin, et ferdeg brengen, och ge'nt de Feind am Land d'Batalgen opzehuelen.

Dofir ergét heimat un all eis Leit do baussen a Stad a Land de Ruff: HALT zesummen! Lauschtert nömmen op dat wat Er Chef iéch soen. Neischt därf eis trennen. D'Zeit, de' mer elo mattmâchen, ass schwe'er, an et gin bestömmt vun alle Member gro'ss Affer verlângt. Ma et gét jo fir eis all, fir eis Kanner a Kanneskanner. Haut huet d'letzeburger Vollek et an der Hand é fir alle Mol Schluss ze mâchen mat allem wat bis elo d'Onénegkét önnert eis bruecht huet.

Zum anere werte mir schons derfir suergen, datt d'Wo'erecht an d'Opklärong önnert d'Vollek könt. Vun haut un droe mir eise Programm önnert d'Leid. Da können de' Hèren, de' elo eso' verhuelen a verlugen aus der Deischtert hir Steng ge'nt eis werfen, weisen, ob se de Kurasch hun och an der Öffentlechkét hir Argumenter ge'nt eis virzebrengen. Mir erwarden se. Hoffentlech ze'en se d[illegible] net Wâsser. Et ge'w eis natirlech net Won[illegible] gin, well mer kennen eis P[illegible]. Un d'letzeburger Vollek ower richte mer den Apell:

Letzeburger Vollek! Deng Stonn ass fir mattzeschaffen un der Verwirklechong vun der Devis, fir de's du ve'er batterer Jor gekricht a gelidden hues: gekricht a gelidden hues:

**Letzeburg de Letzeburger!**

R.

## D'Presskonferenz

Am Uschloss un de' Mattdélong vum Colonel FRASER, iwer de' mer an onsem e'schten Artikel Rappor gin, huet den Hèr Staatsminister DUPONG der Press Mattdélong gin iwer d'Finanzlag, we' se sech aus dem Geldoemwiesselen entweckelt, iwer d'Preispolitik, iwer d'Beschafen vun den no'twennegste Liéwesmöttelen an iwer d'Virsurg fir de' Evakue'ert, Mobilise'ert an de' aus dem maquis. Hien huet ons och en Ableck gin a seng Plangen iwer d'Reform vun der Arme', iwer d'Normalise'erong vum internen Ordnongsdengscht, an iwer d'Aberufen vun der Chamber.

Mir gin hei kurz d'Haptsâchen un a kommen op de' énzel Froe spe'der nach zreck.

Beim Geldoemtausch go'wen ofgestempelt 210 Millio'nen. Durnieft woren an de Késen nach en etlech Millio'nen, onst de', de' d'Preisen mattgeholl haten. Zum Oemtausch go'we presente'ert 50 Millio'ne letzeburger Frang, o'ni d'Sölwer, wat ganz reichlech 1940 zreckgehal gi wor, a 70 Millio'ne belsch Frangen. Nei sin an Zirkulatio'n kom 385.350.000 Frang. Ondisponibel sin 637.400.000 Frang. Ca. 220 Millio'ne sin an d'Kése vun der Spuerkés an de Banke als Disponibilite'te kom, eso'dass ronn 607 Millio'nen am Oemlaf sin. De Geldoemtausch ass de' e'scht Etapp vum finanzwirtschaftleche Problem, de' zwét get d'Besteierong vun de Krichsgewoenner an de' drett d'Verme'genssteier, de' ower ere'scht durchgefe'ert ka gin no Krichsenn, d. h. wann d'Krichsschied och festgesat könne gin. — D'Versurgong matt Bro't a Flésch a sonstegen Liewesmöttel ass erem sechergestallt, nodém speziell vun der Bro'tbeliwerong de wonne Ponkt veriwer ass. — Durch dese Krich ass zweiwello's ons Neutralite't definitiv begruewe, an et drängt sech eng Reform vun onser „Arme'" op. D'Freiwöllegecompagnie, we' se bis elo bestân, get ofgeschaft, an eng Arme' vu Companiestärkt, ca. dausend Mann, get opgestallt um Wé vum Dekret an op Grond vun engem Gesetz vun 1867 bis 1880.

Et ass virauszegesin, datt de Minimum vun dausend Mann durch Freiwölleger eso'gur iwerschridde get. — Fir de' Evakue'ert get eng Entschiedegong matt Kannerzulagen vun 32—44 Frang ausbezuelt we' fre'er fir d'Arbeitslo's. 3/4 dovun iwerhöllt de Staat, 1/4 d'Hémechtsgemeng. D'Residenzgemeng bezillt virléfeg aus. De' jong Leit aus dem maquis gin zu Pe'teng an hei am Casino opgefang wo' se verpflegt a weidergelét gin. Et get hinne 500 Frg als Virschoss ausbezuelt. Fir Kranker ass och gesuergt durch en égene Spidol. — Den enneren Uerdnongsdengscht get reorganise'ert durch d'Vergre'sserong vun der Gendarmerie an der Police, de' eng gro'ss Zuel vun de jetzege Milizleit iwerhöllt. Am iwrege sollen d'Gemengen hiren égenen Uerdnongsdengscht organise'eren matt Höllef vun der Miliz. De Staat iwerhöllt 50 Prozent an d'Gemeng och 50 Proz. vun de Käschten.

D'Chamber soll an den e'schten Dég vum Dezember aberuff gin. — An enger Ausspróch am Uschloss un de' Mattdélongen set ons den Här Staatsminister, datt de' Bemirkong iwer de gro'sse Prozentsaz vun de Le'rer de' an der Partei gewiescht wiren net eso' opzefâsse woren, datt hien domatt de ganze Stand hätt kritise'ere wöllen. Wann och vun engem Stand en Dél nömme versot hätt, wir och dat nach zevill gewiescht. — Wat de' Bemirkong ugét „De Kleng gi gehang, de' gro'ss lafe gelôss" do sét den Här Staatsminister, datt et hinne fèr wir irgendén ze benodélegen. Méscht leit et drun, datt keng Zeie fir d'Uklo könne font gin, resp. datt d'Ukloen net schröftlech könnte beluegt gin. Am iwregen ass den Tribunal eso' iwerlueden, datt leider me' Zeit gebraucht get fir d'Erliedegong vun alle Fäll, we' et virgesi wor. Wat de' Heim ins Reich-Affär betröfft, do ge'wen de' Fäll all énzel önnersicht a gerecht a recht behandelt.

**E Samschdeg den owend um halwer siwen iwerdre't Radio Letzeburg eng Sendong vun der UNIO'N.**

# Nationalerze'onk

**4. Kapitel.**

**Ge'nt d'Idi vun der Hémecht. Ge'nt d'patiotescht Gefill. Theorien vum Internationalissem a vum Pazifissem.**

Non sum uni angulo natus; patria mea totus hic mundus est.
(Seneca, Ep. 28.)

D'Auswechs vum Patriotissem hu vill Onhél an d'Welt bruecht. Dofir och hat d'patriotescht Gefill vun Ufank u ganz verbasse Feinden. Am Altertom woren et d'Stoïker, de' et méschtens als Virurtél betruecht a nömmen der Mönschhét eleng Rechter op d'mönschlecht Gefill zo'gesprach hun. „Omne hoc, quod vides, quo divina atque humana conclusa sunt, unum est. Membra sumus corporis magni . . . .“ (Arrian). Haut kämpfen Pazifisten, Internationalisten an Humanisten ge'nt de Patriotissem. Si wèrfen him vir, de Streitmecher töschent de Völker ze sin an de Keim vun de Kricher, déne schreckleche Schliéchtereien, de' eng Schân fir d'Mönschhét sin. „Le thème favori de la prédication pacifiste est la guerre. Loin de moi la pensée de prétendre que les pacifistes aient tort de proclamer sur tous les tons que la guerre est haïssable.“ (Duruy, Ecole et Patrie, p. 45). Si gi nach weider a greifen d'Föllementer vum patriotesche Fillen un a net nömmen seng schlecht Wirkongen. Et get behâpt, datt et gur keng Berechtegong hätt, well et net fir e natirlecht Gefill gehale könnt gin. — „C'est une question même parmi les bons esprits que de savoir, si ce sentiment est naturel ou factice. La nature, qui nous a destinés à vivre avec nos semblables, nous a donné des sentiments qui nous attachent à la famille d'abord et ensuite à l'humanité. Mais n'est-ce pas un être fictif, dépendant uniquement des conventions humaines, qui sous le nom de patrie se place entre l'humanité et la famille? Qu'est-ce que la patrie? Le sais-je? Cela dépend de la fortune de la gurre, d'un traité, des progrès ou des revers de la civilisation.“ (J. Simon, Dieu, Patrie, Liberté p. 180).

Den Tolstoï zweiwelt net, zeckt net; hié versechert. No him ass de Patriotissem e Göft, wat ons ageimpft ge'f, an der Zeit kann et nötzlech gewiéscht sin fir d'Mönschen zu Natio'nen ze verbannen a fir d'Enhét vun de Staaten ze secheren; elo ower sin d'Mönsche gruppe'ert. Fir do ze behâpten, de Patriotissem wär nach ne'deg, dat ass we' wann é soe ge'f, d'Beâckere vum Land, dat vrun der Aussot fir hatt profitlech a gudd wor, wär et och nach, nodém d'Sot scho könnt. D'Mönsche sollen de Patriotissem also versurgen als Erönnerong un d'Dengschter, de' hién hinne geléscht huet, grad ewe' si de' al Monumenter, Kirchen a Griéwer an E'eren hâlen. Mé d'Kirchen a Griéwer bleiwen o'ni de Mönsche Schued ze mâchen, wo' de Patriotissem ower dagde'glech ongeziélt Onglecker eropbeschwiert.

D'Pazifisten, de' d'patriotescht Fillen net raxteg verwèrfen, fuerderen ower, datt et nömme virberéde soll op d'Le'ft zur ganzer Mönschhét. Grad ewe' d'Durf an d'Stadt sech zur Hémecht entweckelt hun, eso' soll de' gre'sser Hémecht an der Mönschhét opgoen. Dat erfurdert d'Liéwen an ass net ze verhönneren.

„Das einzelne Volk ist nicht ein absolut selbständiges Wesen; es steht in inniger Lebensgemeinschaft mit anderen Völkern; alle Völker sind Glieder der einen umfassenden Kulturgemeinschaft der Menschheit. Die Völker sollten sich demnach billig als Abkömmlinge einer Mutter mit Bruderliebe zugetan sein. Jedes Volk sollte im anderen Volk und seiner Kultur den gemeinsamen Erben und das gemeinsame Erbe der Menschheitskultur erkennen und achten und die Besonderheit der fremden Volksbildung als den Reichtum der Menschheit, und die Berührung damit als Bereicherung des eigenen Wesens. So sollte es sein. Es ist nicht so, vielmehr sehen wir die Völker mit Hass und Geringschätzung sich begegnen, ja diese selten sogar als Aeusserungen patriotischer Gesinnung. Das ist verständlich. Wie Anhängigkeit an das Eigene, so ist Abneigung gegen das Fremde eine natürliche Empfindung, sie ist gewissermassen die Kehrseite jener. Lieben und Hassen gehören als komplementare Gemütserregungen zusammen. Das Abweichende und Fremde hassen und verachten, ist Natur; es verstehen und achten, ist Bildung, sagt Goethe. Bleiben wir also bei Goethes Weisheit, die auch die Weisheit Schillers, Herders, Lessings und Kants war.“ (Paulsen, Päd. S. 199). Nu wösse mer ower, datt net Deitschland, mé d'Mönschhét dem Goethe sein Ideal wor, an datt dé gro'ssen Dichter e'schter e kale Patriot ass. E schengt et we'negstens, wat sech iwregens jo och durch d'Oemstänn begreife le'sst.

D'Pazifisten versechere nach, datt de' stänneg Fortschrött vun der Wössenschaft, d'Aennerongen am Glawen an am Verke'er vun de Völker, an engem Wurt, de' modern Erongenschaften, d'Idi vum Patriotissem ruine'eren. A wirklech, wofir hu mir eng Antipathie fir gewösse Mönschen? Well mer se net kennen. We' de Verke'er haut ower eso' lîcht ass, könne mer de' Leit besser kennen an uechte le'eren an hir Fröndschaft gewannen fir de' Dengschter, de' mer vun hinnen én Dag vleicht verlângen. Hu mir da keng An fir d'Ausdénong vum Handel a vun der Industrie, fir den Tauschhandel, dén d'Natio'nen dreiwen? De' eng frét dèr aner, wat hir félt, an op de' Mane'er dron se all bei zum Welt-Wuelstand. Wann dofir én Dag d'Völker verstinn, datt hir Interessen solidaresch sin, dann he'ert de Krich op, da schle'ssen se Verträg, an den e'wege Fridden ass kén eidlen Drâm me'.

D'Wössenschaft brengt démno ganz a gur nei Zo'stänn matt sech. D'Kenntnes vu verschidde Sprôchen dre't vill derzo' bei: „Wer mehrere Sprachen versteht, für den wird das geistige Leben des eigenen Volkes zu einem Spezialfall menschlicher Bildung, er sieht sein Leben als Teilleben eines umfassenden Lebens der Menschheit. Es eröffnet sich ihm der Blick auf die Idee der Einheit des Menschenlebens, worin die Vielheit der Nationen, der nationalen Kulturen gesetzt ist; die Menschheit differenziert in der Vielheit der Nationen und Sprachen, um den ganzen unendlichen Reichtum des menschlichen Geistes zur Entfaltung zu bringen und den Geist der Humanität zu verwirklichen. Und damit wäre dann zugleich eine Verpflichtung gegeben, die mit dem Besitze der fremden Sprache und höheren Bildung unlösbar verknüpft ist: Die Idee der Humanität gegenüber einem bornierten Nationalismus zu vertreten; die Einzelnation ist nicht das Letzte und Höchste; darüber steht die Menschheit, deren Glied und Organ sie ist. Damit ist dann auch das innere, ideelle Verhältnis zu fremden Nationen gegeben; ein achtungsvolles Verhältnis ihrer Eigenart und ihrer Bedeutung für das Geistesleben der Menschheit. Ein bornierter, chauvinistischer Nationalismus möchte dem gemeinen Mann nachgegeben werden, der nicht über die Grenzen des eigenen Volkstums hinausblickt. Wenn er mit Hass und Verachtung dem Fremden gegenübersteht, er versteht es eben nicht. Für den gebildeten Mann aber, für den, der fremde Sprachen versteht und damit in das innere Leben fremder Völker hineinzublicken die Möglichkeit hatte, sollte das unmöglich sein. Die anhängliche Liebe zum eigenen Volkstum ist auch für ihn notwendig. Aber dazu muss das Verständnis und die Achtung des Fremden als einer Ergänzung und Bereicherung der Menschheit kommen. (Paulsen, Päd. S. 266). Och d'Geschicht hölleft d'Vernonft emanzipe'eren. Wat en Oennerschéd töschent dem ongebilten an onwössende Mönsch, dém seng Gedanken net iwer dat ewech gin, wat öm hié virgét, an dém, dén och nömmen e bössen d'Geschicht vu sengem Land kennt an eng kleng Idi vum Laf vun der Zeit huet. Wann et Studie get, vun dénen é soe kann, datt se de Géscht frei mâchen, da stét d'Geschicht ganz secher un hirer Spötzt.

D'Wössenschaft ass démno de' gro'ss Krâft, de' d'ganz Welt erneiert. Si dét de religie'se Fanatissem verschwannen a weist ons op de richtege Glawen, dén oprichteg a weithèrzeg ass. Hié raumt och op mam soziale Fanatissem, mam Kastegéscht a mam Klassekampf. Hié beweist ons, datt d'Wurt: „Natio'n“ neischt Réelles me' ass, well de' verschidde Mönscherassen an de' verschidde Natio'nen sech verbonnen hun. Entelech mecht d'Wössenschaft, datt d'patriotescht Gefill, dat jo och dach nömmen dem Fortschrött am Wè stét an de Kèr vu schreckleche Kricher ass, onme'glech get. Fir spe'der get et keng Völker me', et get nömme me' eng Mönschhét. D'Natio'nen schâfen och d'Grenzen of a gi sech d'Hänn, we' et lâng schon de' Gele'ert gemâch hun, a we' et elo d'Arbechter mâchen. D'Idi vun der Hémecht an d'Gefiller, de' si ervirrift, hun hiren Dengscht gemâch, hir Missio'n erföllt; si musse verschwannen virun dém vill me' noble Gefill vun der universeller Bridderlechkét. Amplaz e Gefill vu Streit an Hâss ze pflegen, soll de Scho'lméschter an d'Scho'l hirt Me'glechst mâchen, datt et ganz verschwönnt. — Dat ass d'Thés vum Pazifissem a vum Internationalissem. Si ze widerléen, soll den Zweck vum nexte Kapitel sin.


Agank zur Alstad

Greif nom Donner! Werf dei Blötz
op dat nidderträchtegt Vollek!
Ze' Dei Schwiert! Lôss dei Geschötz
Feier speizen aus all Wollek!
Nén! Du solls hir Trupp net sénen!
Bludd a Gal lôss op se rénen!
Ste' ons bei, o gro'sse Gott!
Sief fir ons e stârke Rîchter
A gehei dem Feind seng Flott
an dem Mir sei schwârzen Trîchter!
Reiss a Stecker seng Arme'en,
Schlo seng Kanner an de We'en!
Matt der Ligen op der Zong
Sti se do vrun Dir ze bieden.
Bludd léft hinne vun de Schong,
Well se d'Menschhét frech zertriéden.
He'er net op hir sche' Wirder,
Schlo se do'd well et si — Mirder!
S.

# Ons Sprôch

En aremt Kand, an einfach arme Kléder, versto'ss vun allen he'ge Plazen, an armen Heiser an op der Strôss dohém, — e Strôssekand, dat ass bis haut ons Sprôch.

Et ass awer am Wuessen an decide'ert matt égener Krâft sech eropzeschaffen a selbstänneg ze gin.

Datt dobei gro'ss Krésser him keng Höllef brengen, datt s'et auslâchen an him verächtlech d'Strôssemédchen virwèrfen, dat dét him we'.

Dofir verle'ert et awer net de Mudd sei Wé ze mân o'ni no de Schwiregkéten ze kucken.

Et huet jo och eng gro'ss Zuel Frönn, de' u senger Krâft an u senger Zo'konft net zweiwelen an him höllefen, wo' se können.

So' we' én engem Kand muss Zeit lôssen fir gro'ss a stârk ze gin, so' muss én och onser Hémechtssprôch Zeit gin fir sech ze entweckelen.

Mir wössen, datt se nach an de Kannerschong stét, datt nach ganz vill ze mâchen ass, bis se sech niéwent den anere Sprôche weise kann.

Mir wössen, datt et schwe'er ass, ons Sprôch op émol iwerall anzesetzen, an de Scho'len, an de Verwaltongen, an der Kîrch. Ir dat a vollem Môss gesche'e kann, mussen nach eng ganz Rei Virarbechten gemâch gin.

Mir sin der Ménong, datt et elo schon un der Zeit ass matt dénen Arbechten unzefänken, an zwar direkt. Mir schloen dofir onser Regirong vir, d'office eng Commissio'n anzesetzen vu capabele Leit, de' sech matt der Opstellong vun enger letzeburgescher Grammatik a matt dem Ausbau vun onser Sprôch iwerhâpt befâsst. Dat muss natirlech eng Commissio'n gin, de' schafft an net jorelâng discute'ert; si muss sech d'Ziel stellen, a me'glechst kûrzer Zeit eng Schreiwweis festzeléen, de' gudd an einfach ass an de' da vun der Regirong als offiziell letzeburgesch Orthographie unerkannt get. Domatt wär alle Frönn vun onser Sprôch e gro'ssen Dengscht geléscht, well da könnt én emol endlech soen: „Eso' muss geschriwe gin, an net anescht.“

Wär de' Fro emol gele'st, da wär et einfach matt der Sprôch an d'Scho'len ze goen, an e pur Jor spe'der ge'f ké me' drun denken, un onser Sprôch ze zweiwelen.

Bis dohin awer soll ons Sprôch net am Motzeck ston, well do kann se sech net entweckelen. Nén, si soll eraus önnert d'Leit, si soll eraus einstweilen eso' we' se ass. Se soll gleich an d'Scho'len a gleich an d'Kîrchen, so'weit we' et nömme me'glech ass. Et ass bestömmt net vun Nodél, wann z. B. an de Kîrchen op letzeburgesch gepriédegt get; dat greift de Leit vill me' de'f an d'Se'l we' eng Priédegt a friémer Sprôch, a vill Leit, de' haut aus Protest dobausse bleiwen, de' ge'fen matt Fréd an Andacht nolauschteren.

Der Unio'n könnt de Verdengscht zo', datt se als énzeg de Mudd huet, eng reng letzeburgesch Zeidong erauszegin. D'Schwiregkéten sin einstweile ganz gro'ss a si bleiwen et och, so' lâng d'Fro vun der Schreiwweis net ganz gele'st ass, awer et si Leit do, de' viru kenger Arbecht zreckschrecken, wann et fir ons Sprôch gét, a mir sin iwerzégt, datt et och Dausende vu Letzeburger get, de' sech gèren d'Me' gin, eng letzeburgesch Zeidong ze liésen, och wann dat einstweile schwe'er ass.

Fir ons Hémechtssprôch musse mer berét sin Affer ze brengen, soss si mer keng Letzeburger.

De' Leit awer, de' mengen, ons „Strôssesprôch“ wär net op bessere Plazen ze gebrauchen, de' froe mir, wat se dann eigentlech während déne 4 lèschte Jor beigele'ert hun, an ob hinnen den 10. Oktober 1941 ganz vergiéss ass . . .

Wat vun onser Sprôch s'och soen,
si bleiwt einfach, sche'n a gudd.
Lôsst mer ömmer he'ch se halen
als onst gre'sst an hellegst Gudd.
De Gâssebo'f.

# De Rénert 1940 bis 1944

Ech hun des lèscht nogelauschtert, we' de Letzeburger Radio e Passage aus dem Rénert iwerdroen huet. Gleich hun ech dobei un de Krich missen denken, an dém eise lo'se Fûss jo och eso' eng gro'ss Roll gespillt huet.

Ech mengen domat natirlech net de ve'erbénege Fûss, dén an der deischterer Nuecht dem Bauer seng Gäns stielt, mè dén aneren, dén op Gummissuelen tröppelt an och soss net op d'Nues gefall ass.

An elo, wonnert iech emol e bössen! Ech behapten nämlech, datt de Rénert net ömmer e Fûss ass. Et get Fûssen, de' e'erlech a brav sin, jo, jo, do staunst de, net emol, an dach ass et wo'er. Ech kennen der eso' an du och, lôsse mer emol wetten! De' e'erlech Fûssen, dat sin . . . de' Domm an se kre'en vum Fûssen = OKW och ké Kreiz mat Brillanten; se peifen och drop, well se lôssen sech net verkafen. A jo, mer hate gewat, an ech mengen, du gings d'Wetteng verle'eren. Du kenns der ganz bestömmt önner denge Frönn a Bekannten, de' de ganze Krich lâng d'Preisen op all me'glech Mane'eren iwer d'O'eren gehaen hun, de' se bestuel, beduxt, belun a bedrun hun an dach net an hir Falen eragânge sin . . . Vleicht wars du och eso'guer en e'erleche Letzeburger Fûss, an da gin ech der e gudde Rot: Kaf der matzeiten Haren fir op d'Stîr, dat ass en Artikel, dén elo geschwönn vill gesicht get. Mâch dech duerfir bei, soss op émol muss de se am Schwarzhandel bei déne richtege Fûssen deier bezuelen.

Fir datts d'et nämlech wéss: e richtege Fûss ass net national, dén huet iwerhapt keng Hémecht an sei Sproch ass: Ech sichen op all Mane'er zu mengem ze kommen. „Op all Mane'er“ ass vleicht e bösse vill gesot, well e richtegen, duerchdriewenen Fiessen mecht dat op eso' eng raffine'ert Art a Weis, datt ké kann hanner hié kommen! Hién deckt sech de Rék no zwo' Seiten, hién huet iewerall en Alibi an iewerall en Eisen am Feier! Dat ass d'Konscht vun engem echte Fûss; de' verstés du net an ech och net.

Du an ech, mer hun et am Krich zu neischt bruecht a mer brengen et och elo nach net weit. Dat ging eis jo och weider neischt ausmâchen, well mer si kleng an domm, mè et geheit eis, datt ausgerechent de', de' am Krich mat de Preisen gefriéss a gesoff hun, och elo de' deck Tromm schloen.

Wanns de emol eng Ke'er gutt Zeit an dobei ro'eg Nerven hues, da le'sst de s'emol verziélen. Du wonners dech ganz bestömmt, wanns de he'ers, wiville Prisonne'er a Belschen se gehollef hun (se wössen awer leider net d'Adressen).

A wan se mat de Preisen op d'Juegd gânge sin, dann hun se do nömme gutt Letzeburger Propaganda gemat. Du kanns hinne gur net de Konträr beweisen, du wars jo net derbei; du wonners dech awer vleicht, datt de' Propaganda hinen eso'vill abruecht huet.

Sie hun och mat de Preisen Schmoggel, Schwarzhandel a soss Schiebereien gedriewen; dat hun se natirlech nömme gemat, fir de Letzeburger ze höllefen. Du an ech, mer hun awer neischt dovun gespiert an eise Partmonni ass och durch hir Geschäftercher net me' deck gin.

A wann d'Preisen bei se hamstere komm sin, dann hu se neischt kritt. Du kanns net de Ge'gendél behapten, well de Landrat (oder wién et soss wor) huet den Auto an de Garage eragedreckt, an du hues net gesin, ob a wivill ageluede gin ass; du wéss nömmen, datt den Auto dax erömkomm ass. Du an ech, mer hun an dém selwechten Haus neischt kritt (se hate jo neischt) a mer sin och net fir d'zwét hanneschtgângen.

An elo bass de einfach paff, wann ech der verziélen, datt der och bei déne Pättere sin, de' bei de Preisen an der Köscht so'tzen (an de' eso'guer drop geschafft hun, fir e puer Dég an de Kittchen ze kommen). Dat ass de béschten Alibi a mat dém mâchen se de' deckste Reklam. Sie ziélen der net, we' a wo'durch se an de Prisong kom sin; se soen der net, datt et we'nt express provoze'erte politesche Klengechkéten, we'nt Schiebereien oder soss Knaschtereien wor, fir si wor et politesch, an domat basta! Et ass hinnen awer och an hirer gudder warmer Zell neischt ofgângen, dofir haten se vill ze vill gutt Relatio'nen an sie so'tzen och nie lâng, durfir hun hir giél Kollége scho gesuergt. A kaum woren se eröm eraus, schons so'tz den Amtsburgerméschter an de Gestaposchef eröm mat hinnen um ronnen Dösch (mat déne gudde Letzeburger???).

Ech könnt der nach eng ganz Parti eso' Fûssegeschichtercher verziélen, mè dat huet jo weider ké Wert, du brauchs nömmen deng Guckelcher weit opzemâchen, da geseiss de de' Fiessercher iwerall do erömschleichen, zemol do, wo' et haut och eröm eppes ze schnappe get. Et ass un dir an u mir an un eis allegueren, fir hinnen de Fûssebôk erofzerappen. Du mengs vleicht, dat wir net eso' lîcht; et ass eppes dobei, well et wor nach allzeit schwe'er, hannert e geriwene Gauner ze kommen. Mè wanns de se do upaks, wo' se am empfindlechste sin, da kriss de se awer an d'Fal. Du kenns se un de Friechten, dat héscht un dém, wat de Krich hinnen positiv erabruecht huet. De Staat brauch eis nömmen eng Hand unzepaken, da kre'e mer de' Fûssen alleguer, net nömmen als Krichsgewönnler, mè och als Collaborateuren. Eis Regierong brauch nömmen d'Bank- an d'Postgeheimnis opzehiéwen an eis d'Steierziédelen vun 1939 ze weisen, dann huet se och emol eröm eng Ke'er praktesch a gutt geschafft a mir können dann net nömmen de Krichsschued bezuelen mat dém Geld, dat mer anze'en, mè mer fannen och de' deck Schölleg op de' Mane'er eraus. Du an ech, mer brauchen neischt ze färten, well mir waren ze brav, fir vum Krich an de Preisen ze profite'eren, mer hätten durfir gären, wann de' Schölleg ge'nge bludden zu Gonschten vun déne braven an treie Letzeburger.

An elo un d'Arbecht, Regierong, réckt de Fûssen op de Pelz!!!

D'Gerîcht am Grengewald.

# We' mir d'Hêmecht opbaue wöllen!

## I. Direkt Mâssnahmen.

1. Mir verlângen datt Letzeburg matt alle Möttelen d'Krichfe'erong vun onsen Allie'erten önnerstötzt. Dofir sin direkt dös Mâssnahmen ze treffen:
   a) Interne'erong vun alle Verre'der, Krichsverbriecher a vun alle verdächtegen Elementer, o'ni Recksicht op Alter, Stand a Relatio'nen. Beseitegong vun alle politesch onproperen Elementer aus alle Verwaltongen a vun alle wichtege Posten.
   b) Besetzong vun alle wichtege Plazen durch erpro'ft intèger Patrioten a capabel Fachleit.
   c) Secherstellong vun der Ernirong vum Vollek durch streng Erfâssong vun Transportme'glechkéten an durch radikalt Önnerbannen vun alle Schwârzfahrten a vum Schwârzhandel.
   d) Upassong vun de Preisser un de' jetzeg Le'n, wo'durch jiderén d'Me'glechkét kritt ze liéwen an durge'nt seng ganz Schaffenskrâft an den Dengscht vun der Produktio'n ze stellen.
2. Mir verlângen direkt Höllef fir all Letzeburger, de' önner dem preisesche Regim gelidden hun durch
   a) wirksam Önnerstötzong vun alle gudde Letzeburger, de' an No't sin a speziell vun de Familjen vun all dénen, de' fir d'Hémecht gefall sin an de' an de Prisonge sötzen.
   b) Secherstellong vum Verme'gen vun allen Déporte'erten durch Schafong vun engem speziellen Sequester fir d'letzeburger Verme'gen.
   e) Direkt a wirksam Höllef fir de' Evakue'ert; praktesch Le'song vun der Fro vum evakue'erte Ve'.

Fir desen direkte Programm durchzefe'eren, huet d'Unio'n der Regirong hir honnertprozenteg Mattarbecht ugebueden.

Dofir hu mer verlângt:

a) Datt de Comité vun der Unio'n als consultativ Corporatio'n der Regirong zur Seit stét an datt sei Rot ugehe'ert a berücksechtegt get.
b) Datt d'Union bei alle Nominatio'nen em Rot gefrot get.
c) Datt an all Gemengere't Vertriéder vun der Unio'n matt consultativer Stömm opgeholl gin.
d) Datt an all Commissio'nen, de' genannt sin oder nach genannt gin, (Sequester, Rapatriement, Epuratio'n a. e. w.) stömmberechtegt Vertrieder vun der Unio'n beigeholl gin.

Önner dese Bedengongen ass d'Union berét, voll Verantwortong ze droen fir alles, wat vun der Regirong op hire Rot hin önnerholl get.

N. B. Mir kommen op anerer Plaz drop zreck, wat bis elo fir d'Durchfe'erong vun desem Programm gemâch gin ass.

## II. Nokrichsprogramm.

No onse Statuten huet d'Unio'n den hellegen Zweck, no deser Katastrof, de' ons vill Affer, Entbirongen, Léd an Trauer bruecht huet, ons letzeburger Hémecht erem nei a me' sche'n opzebauen.

Trei onser Devise „Letzeburg de Letzeburger", vertriéde mir d'Grondsätz vun engem gesonten a vernönftege Letzeburgertom, frei vun aller Fârwepolitik.

Mir wöllen en onofhängegt, freit an énegt Letzeburg an enger neier Welt, e Letzeburg, wo' et Ro, Urdnong an Zefriddenhét get, a wo' all Letzeburger op Grond vu senge Lêschtongen gleichberechtegt an zefridde liéwe kann.

Mir erstriéwen:

1. Virun allem d'gro'ss Botz vum Land: Bestrofong vun alle Verre'der a Krichsverbriécher a Zesummesetzong vun dén zo'stännege Gerichter aus Richter, de' sech als gudd Letzeburger bewährt hun.

   Ausweisong aus dem Land vun allen iwerfe'erten Nazien a Faschisten.

   Ofsetzong vun allen he'ere Beamten, de'
   a) gleich am Ufank virun de Preise capitule'ert an de' durch hirt Verhalen am Dengscht hinnen direkt oder indirekt Handlângerdengscheter geléscht hun,
   b) de' durch hirt Verhalen am Privatliéwen bewiesen hun, datt se ké patriotesche Sönn haten.

   Besetzong vun alle wichtege Posten durch intèger Patrioten.
2. Ofdroen vun onser nationaler E'ereschold.

   Vollwerteg Höllef fir all Familjen, dénen hir Ernierer fir d'Hémecht gefall sin.

   Materiell a moralesch Entschiédegong fir all Affer vum Naziterror.

   Hémfe'eren vun alle verschléfte Letzeburger an Höllef, fir datt se nés zu hirem Recht kommen.

   Beschlagnahmong vun allem preisesehen oder Verre'derverme'gen zu Gonschten vun der Kés fir de Krichsschued, dèr ausserdém de' beschlagnamt Krichsgewönner zo'gefe'ert gin.
3. Voll Entschiédegong durch d'Preisen fir d'Ausreiberong vun onsem Land während dem Krich.
4. Eng Reform vun onser Staatsform.

   Mir triéden an fir eng demokratesch Monarchie önnert onser jetzeger letzeburger Dynastie, eng Verfâssong no demokrateschen a soziale Grondsätz an e Parlament dat de Volleks wöllen vertrött.

   Mir verlângen d'Beseitegong vun déne Mösstänn, de' aus der fre'erer Parteipolitik enstan sin durch me' stark Berecksichtegong vun de Berufsstänn.

   Dofir drängt sech eng Reform vun onsem Wahlgesetz op, iwer de' d'Vollek durch e Referendum entschéde soll.
5. Reform vun der Gemengeverwaltong.

   DZentralisatio'n vu verschiddene klenge Gemengen an eng gro'ss ass ze wönschen aus administrativen a finanzielle Grönn.

   Ausschaltong vun all Parteipolitik aus de Gemengere't.
6. Reform vun den öffentleche Verwaltongen an dém Sönn, datt net me' Beamten agestallt gin we' Arbecht do ass.

   Recksichtslo's Ausmërzong vun alle Korruptio'nserschengongen. D'Ustellongen an d'Avancementer sollen net dem Alter ma der Capacite't no gericht gin.
7. Reform vum Justizwiésen.

   Prozedurbeschleunegong durch Ömännerong vum „Code de procédure civile".

   Ersetzong vun der deitscher Sprôch durch de' letzeburgesch.
8. Sozial Reformen.

   Recht ma och Pflicht zur Arbecht fir all Letzeburger.

   Festléong vun engem gerechte Mindestlo'n, dén dem Existenzminimum entspriéche muss.

   Familjen- a Kannerzo'loen, de' durch eng Kompensatio'nskés bestridde gin.

   Durchfe'erong vun de Kollektivverträg a Reform vun de Privatbeamtegesetzer.

   Revisio'n vun der Gewerbeinspektio'n.

   Staatlech Pensio'n fir all berufstäteg Letzeburger (Ulehnong un de Beveridge-Plang).

   Afe'erong vun engem gesetzleche Ro'dag an der Woch fir all Geschäftsbranchen a Festsetzong vun de Geschäftsstonnen.
9. D'Lédong vum Handel a vun der Industrie gehe'eren a letzeburger Hänn.

   Revisi'on vun allen Handelsermächtegongen.

   Gesetz iwer d'Secherong vum Geschäftsfong.
10. D'Landwirtschaft.

    E gesonten a stârke Baueren- a Wönzerstand als wirtschaftlechen Ausgleich.

    Rentabilite't vun de Betrieber, Schutz ge'nt Spekulatio'n. Le'song vun der Fro vun den Höllefskräften.
11. D'Finanzfro.

    Gerecht Le'song vun der Geldfro durch Erfâssong vum Krichsgewönn.

    Eng stabil Finanzpolitik.

    Gerecht Verdélong vun de Steierlâschten fir jidferén.

    Comptabilite'tspflicht fir all frei Beruffer a fir all Geschäfter.

    Ophiéwong vum Bankgeheimnes.
12. De Verke'er.

    Erweiderong a Verbesserong vun onsem Verke'erswiésen no wirtschaftlecher Rentabilite't. Upassong un d'Bedirfnesser vun alle Gégenden a Vollekssehichten.
13. Tourissem.

    Förderong vum Tourissem matt alle Möttelen.

    D'Touristebüroen gehe'eren a letzeburger Hänn.

    Den Tourist muss eppes gebuede kre'en. (Konscht — Theater — besser Verbindongsme'glechkéten.)
14. Press.

    Pressfreihét, awer Kontroll iwer hir Fongen.
15. Radio.

    Onse Radio muss virun allem e letzeburger Radio gin. Dofir d'Lédong a letzeburger Hänn.
16. Religio'n.

    Religio'nsfreihét. Unerkennong vun de Rechter vun der Kirch, awer Schédong vu Religio'n a Politik.
17. Freit Organisatio'nsrecht, awer Kontroll iwer hir Aktivite't. Energesch Mâssnahmen ge'nt all staatsfeindlech Aktio'n an Tendenz.
18. Ons Sprôch.

    Gebrauch vun der letzeburger Sprôch als amtlech Sprôch, niéwent der franse'scher, an alle Verwaltongen, um Gericht, an der Chamber an an der Kirch.

    Benennong vu Strössen an Urtschaften matt letzeburgeschen Nim.

    Afe'erong vun onser Sprôch an de Scho'len.

    Ausarbechtong vun enger letzeburgescher Grammatik an énhétlecher Ortographie. Sammlong vun onser gesamter Literatur a Schutz vun onser Sprôch ge'nt friém Influenz.

    Verbrédong vun onser Literatur a vun onse Vollekslidder.
19. Erze'ong.

    Reform vum Scho'lwiésen am nationale Sönn.

    Gebrauch vun der letzeburger Sprôch.

    Speziell Berecksichtegong vun der letzeburger Geschicht a Geographie.

    Surg fir d'Hémechtsle'ft durch patriotesch a folkloristesch Veranstaltongen. Surg fir d'letzeburgesch Konscht an de Scho'len. Speziell Verbrédong vun onse Vollekslidder.

    Surg fir d'Gesondhét vum Jonktem; me' stârk Berecksichtegong vum Sport, o'ni z'iwerdreiwen.

    Nömmen politesch an och moralesch einwandfrei Le'erperso'nen.

    Freischo'len a staatlech Subsidien fir begabt Kanner aus kannerreiche Familjen.
20. Konscht.

    Schutz vun onse Kulturgidder a kulturelle Werter. Hémhuelen vun alle Sammlongen a Konschtwierker, de' ons an der Vergângenhét geklaut go'fen.

    Surg fir all historesch a patriotesch Monumenter.

    Pfleg vun der gudder Musik, öffentlech a privat, besonnesch vum letzeburger Lidd.

    Proprete't an alle Stiéd an Dirfer. Schutz ge'nt Verhonzong vun de Landschaften durch verlôssen Industrien a. e. w.
21. D'Familjen, d'Vollek.

    Schutz vun der Volleksgesondhét durch Bekämpfong vun allen onmoraleschen Tendenzen.

    Schutz vum Jonktem ge'nt all Schund a Schmotz an Theater, Kino a Literatur.

    Schutz vum Jonktem ge'nt Alkohol an Nikotin durch entspriéchend Gesetzer, de' ganz streng ze hale sin.

    Schutz vun der Gesondhét durch gesetzlech Gesondhétskontroll vun alle Kanner a regelme'ssegen Ofstänn. Opklärong vun Elteren a Kanner iwer all Froen, de' d'Gesondhét ugin.

    Sanitär Arichtongen an alle Scho'len, och um Land, an och an alle neie Wunnechten.

    Gesetzlech Bestömmongen fir d'Erze'ong vu verwahrloste Kanner.

    Schutz vum Jonktem ge'nt ongesont Arbechten.
22. Vereiner vum Jonktem.

    Freit Organisatio'nsrecht fir de Jonktem, awer Iwerwâchong vu senger Aktivite't. Entpolitise'erong vun de Vereiner. Moralesch a sittlech Verantwortong vun de Chef.

    Förderong an Önnerstötzong vun déne Vereiner, de' vun engem öffentlechen Notze sin. Önnerstötzong vun enger national agestallter Organisatio'n vum Jonktem.
23. D'Friémefro.

    All Naturalisatio'nen bis 1900 sin ze annulle'eren an nozepre'fen.

    Erofsetzong vum Prozentsâtz vun de Friémen eso' wéit we' me'glech.

    Afe'erong vun enger strenger Friémepolice an Iwerwâchong vum Spionage.
24. Intim Relatio'nen matt de Letzeburger am Ausland.
25. Kontakt a wirklech fröndschaftlechem Sönn matt all onsen Noper a matt allen Natio'nen iwerhâpt, fir den Opbau vun enger neier, besserer Welt.

---

**D'UNION vun de Letzeburger Freihétsorganisatio'nen ass fir Uerdnong, Freihét a Gerechtegkét vun der ganzer Natio'n. Si trött a fir e gesonten Opbau vum neie Letzeburg, an dém all Mönsch en zefriddent Liewe fe'ere kann.**

**D'Wuel vum Land virun allem. D'Plaz vun alle Gudgesönnten ass haut an der UNIO'N. Si ass beruff, der Politik hei am Land nei Wéen ze weisen. D'UNIO'N kennt keng privilegie'ert Klassen, an si ass u keng Partei gebonnen.**

**De Programm vun der UNIO'N ass de Programm vun der Majorite't vum Letzeburger Vollek. D'Vollek wönscht eppes Neies. Dat kann nömmen eng gro'ß national Organisatio'n mâchen, de' sech op d'Majorite't vum Vollek steipt.**

**D'UNION richt dofir un all de', et gud mam Land mengen, den Appell, mat der UNIO'N zesummen ze schaffen zur Verwirklechong vun hirem Programm. An hire Reien ass Plaz fir jidwerén, dén sech zur Devis bekennt:**

# Letzeburg de Letzeburger!

# D'Epuratio'n an de Verwaltungen an de gro'sse Betrieber

D'Epuratio'n ass haut matt de schwe'erste Problem. Wo' dobaussen sech der zwé bege'nen, get gefrot: „We' ass et matt der Epuratio'n bei Iech?" — a geäntwert: „Ma alles beim Alen, du wéss jo, et verbrennt net gären én sech d'Fangeren, well wann én eng Ke'er am schwarze Buch stét, könnt én net bal draus eraus. Eso' wor et dach emol bei ons."

„An elo, an d'Unio'n? Ass et wirklech un der Unio'n, fir an desem Fall anzegreifen, fir sech nach me' erfir ze din an sech domatt weider bei enger gewössse Kategorie Leit verhâsst ze mâchen!"

„Du kanns versechert sin, d'Organisatio'nen hu sech net gescheit schon eng Ke'er ge'nt e Feind vum Land sech eso' verhâsst ze mâchen, datt dén net me' wosst, wat fir Strofen a Mösshandlongen hien erfanne sollt, fir endlech matt dénen onverschimten Deitschhâsser a Volleksverbriécher opzeraumen. Ufanks ass et him durgâng matt e pur Jor Prisong, herno huet hién op d'mannst matt KZ. oder Do'desstrof de' vermiéssen Verbriécher ofgefärdegt. Datt mer nach haut a verschidde Krésser Verbriécher vernannt gin, ass ganz begreiflech."

Ass et me'glech, datt Leit hei zu Letzeburg fro' woren, we' si he'eren hun, datt den de Gaulle d'Miliz a Frankreich opgehuewen hât, an hémlech gewönscht hun, datt dat och hei gesche'ch. Ech kann de' Leit bero'egen an hinne mattdélen, datt d'Miliz och hei zu Letzeburg én Dag opgehuewe get, well Letzeburger Polizei a Gendarmerie an d'Plaz könnt, op de' se sech net ze frée brauchen."

„D'Unio'n scheit net fir all de' de' matt de Preisen am Krich gehâl hun an dofir eis Do'dsfeinde sin, enger gerechter Strof zo'zefe'eren, eso'weit eis Gesetzer dat erlaben. Mir wölle beileiwen net illegal schaffen (obschon dat ons am Krich oft de' gre'sst Plese'er wor), an dofir gi mir am Cader vum Gesetz ge'nt de' Schölleg vir a fe'eren se de Gerichter zo'. De' Haptschölleg sin dofir och schon aus eise Krésser erausgeholl gin a warden elo op hir Ofurtélong. Ma et get och nach eng Partie aner Schölleger, de' matt um Ongleck vun eisem Land Schold droen. Fir de' muss des Epuratio'n an de Verwaltongen an an de gro'sse Betrieber durchgefe'ert gin. Dofir soll vun der Regirong mat der Matthöllef vun der Unio'n fir all Verwaltong oder gro'sse Betrieb eng commission d'épuration ernannt gin, de' selbstverständlech nömmen aus gudde Letzeburger zesummenzesetzen ass."

**Wat fir Leit ke'me nun an des commissio'n?**

Fir d'allere'scht de' Letzeburger, de' net an d'VDB. gâng sin an dodurch bewisen hun, datt si gudd Letzeburger sin.

Zwétens de'je'neg Memberen aus der Unio'n, de' vum Z. C. virgeschloe gin.

Dröttens Personalvertriéder oder Memberen aus dém resp. Verband oder Gewerkschaft, wat natirlech och nömmen därfe gudd Letzeburger sin.

**Watfir Leit gi nu vun dèr commissio'n erfâsst?**

1. All de'je'neg, de' preisesch ugehaucht woren (we' mir am Krich gesot hun), an de' entweder durch hirt Verhalen e gudde Numm bei hirem preisesche Chef haten an dodurch avance'ert sin.

2. De'je'neg, de' durch hirt Verhalen sech nömmen ké schlechte Numm zille wollten an alles, ower och alles gemâch hun wat d'Preisen vun hinne verlângt hun fir nömmen net an eppes ze kommen oder fir net ge'nt de Stro'm ze schwammen, fir nömmen hir gudd Plaz ze versurgen, an dobei woren se oft schon eso' al, datt mir jong Leit ons dacks gefrot hun, ob mer net ower vleicht op engem falsche Wé wiren. Mir wossten zwar gudd, datt mir fir d'Recht an d'gudd cause ons ge'fen asetzen. Do brauch ech nömmen un d'Ofstömmong vun 1941 z'erönneren. Mir wössen zimlech gené, we' eng ganz Partie sech démols verhalen huet an all me'glech Argumenter erfont huet, fir sech als Martyrer hinzestellen an dodurch gezwonge wären fir Deitsch, Letzeburgerdeisch oder Moselfranken ze schreiwen.

**Watfir Strofen ke'men do a Fro?**

Eng Entlassong an déne schwe'ere Fäll. A me' lichte Fäll eng eventuell Versetzong oder eng Ofsetzong als Bürochef oder soss eng Degrade'erong. A me' klenge Vergoen keng Avancementsme'glechkét oder eng Gehaltskirzong.

Et kann an därf net ze sin, an dat schon aus Verwaltongsgrönn, datt jemols e subordonné sengem Chef könnt eng Bemirkong iwer seng politesch Haltong am Krich mâchen, de' den Här Chef sche' propper mîsst encaisse'eren, well et leider d'Wo'recht wär.

**We' könnt am bèschten eng Uklo ge'nt de' Schölleg gemâch gin?**

Do wär dat Bèscht, de' commissio'n d'épuration ge'f eng Önnercommissio'n fir verschidden Servicer ernennen, de' alt eröm matt der Matthöllef vun der Unio'n zesummegesat ge'f gin an de' iwer jidferén, dé ge'f ugeklot gin, en dossier ulée soll.

Am Intresse vum Opbau vun eisem Ländchen wär et dofir de' he'chsten Zeit, datt de' épuratio'n eso' schnell we' me'glech ge'f ugepakt gin. All gudd Letzeburger warden drop a gi ganz bestömmt matt nach eso' gro'sser Energie un de' immens Arbecht, de' d'Preisen ons hannerlôss hun, wann si gesin, datt eis Regirong, de' dach eso' stolz op eis Haltong am Krich wor, de' d'Bewonnerong vun der ganzer Welt op eist klengt Ländche gezun huet, hinnen nun endlech de' Ofrechnong matt déne Schöllegen Wirklechkét emsetzt, de' s'eso' oft versprach huet.

P. S.

# Alters- an Invaliderenten

Et get eso' vill geklot vu sämtleche Pensione'erten am Zesummenhang matt der Ömwertong vun der Mark, datt mer onme'glech all de' Fäll behandele können. Et drängt sech jiddefalls eng schnell a gerecht Le'song op, wann net de' Onzefridden a Benodélegt Legio'n solle gin.

Am méschte gedreckt si jiddefalls eis Alters- an Invaliderentner.

Et sin de' klengst vun de Klengen, de' wirklech bis elo vergiéss si gin, an de' et ower batter no'twenneg hätten, wann hir kleng Pensio'nen dem heitegen Liéwensstandard ugepasst ge'wen. Bei de Preisen hâten se jo neischt z'erwarden. De' hätten de' Al, de' fir si onnötz Kaschtgänger woren, am le'wsten erschoss. So' ass et komm, datt si hir kleng Erspurnesser am Laf vun de Krichsjoren no an no opgeziert hun. Vum WHW. wollte se neischt, an elo wöllen s'ower och net an den Armebüro goen, fir liéwen ze können.

Huelt z. B. é matt enger Altersrent vu 580.— Frang de Mo'nt. Domatt muss hié matt der Fra liéwen. Et get wuel Rentner, de' eppes weider hun, et get der awer och vill, de' nach manner hun.

Et wir he'ch Zeit, wann de' Leit opgebessert ge'fe gin, d. h., datt se gleich emol d'Steigerong vum Index, dat si 60 Prozent, ausbezuelt kre'gen, matt dem Rescht vum September an Oktober, vun dém se jo nömmen d'Halschént als Akont kruten, well d'No't ass bei de Verschimten am gre'ssten.

# Keng Aentwert ass och eng!

Et ass e Wonner geschitt! Do'deger stinn eröm op, pardon, et si keng Do'deg, et sin nömme Leit, de' ve'er Jor lang eng Kränkt haten, d'Schlofkränkt. Et wor awer guer net eso' schlömm, we' én hätt könne mengen an durch e ganz einfacht Medikament sin de' Schwe'erkrank eröm erwächt. Et hun nömmen de' e'scht Amerikaner brauchen ze kommen, a schon hun se ugefangen ze wibbelen, zwar nach net fest, well de Preiss war nach net weit eweg; mé we' du vill Amerikaner komm sin, du waren, se do we' d'Mötsch am Buttek.

A matt hinnen war de klengen, streiderechen egoisteschen Letzeburger Géscht och eröm opgestanen an du ass et lass gangen. Dé le'we klenge Neid huet de' e'scht Gei gespillt. Et konnt jo einfach net an dénen Hären hire Kapp eragoen, datt et Leit go'f, de' net am Schlofclub woren. An do sin se iwer eis hirgefall: mer ware Brigangen hei a Spötzbo'wen do, well mer net eso' feig woren we' sie an eis net ve'er Joer lang hannerwanns gehalen hun. Mer ware Brigangen (well mer eis de Courage geholl haten, net an d'Partei ze goen a well mer et iwerholl haten, de Streik ze organise'eren), mer ware Spötzbo'wen (well mer Prisonne'er an Déserteuren iwer d'Grenz gefe'ert hun), mer waren Ieselen (well mer och emol vun Zeit zu Zeit d'Schinne lassgeschrauwt hun), mer ware Leis (well mer Millio'ne Frangen a Waggoen voll Liewesmöttel zesummegetrommt hun fir de' Ömgesidelt an de' aus dem KZ., fir eis verstoppte Jongen a fir de' politesch Flüchtlingen), mer ware Schnösserten (well mer de Mond gehalen hun a me' lo's waren ewe' d'Gestapo), an engem Wuert, mir waren de Wo'scht vum Land, well mer d'Stier haten, fir ge'nt de Preis ze goen.

Awer mir, de Rebbisclub, si net vum Streiden hir. Duerfir hu mir dem Spâss alt e Strapp lang nogelauschtert. Et ass dés awer elo grad genuch! Mer froen duerfir de' Hären vum Schlofclub, op mer och nach därfen e Wiertche soen. Mer sin nämlech och elo nach net schle'freg, wa mer och net eso' lang gerascht hun ewe' dir Hären; d'Brigangen, dat ass nämlech eng Rass, de' net eso' se'er mitt get.

Fir wat billt dir eigentlech eso' vill? Huet der vielleicht èrt Gewössen net ganz frei? Wöllt der vielleicht matt èrem Gerieds iech selwer oder dem Noper antriechteren, datt dir keng Schlofkape wart? Dét et iech elo op émol léd, datt der net derbei wart? Hu der net gewosst. datt mer iech och ginge brauchen? Huet nie én un èr Dir geklappt? Hu der him eppes gin? Oder vielleicht net genuch? Oder hu der him och nach zevill derfir gefrot? Hat der iech vielleicht zevill fre' beigemat bei der VDB oder dénen aneren bessere Vereiner? Hat dir Jonge verstoppt. Hu der hinnen we'negstens ausgehollef matt Liéwesmöttelen? Hu dir én ugeschmiert? Hu dir mat de Preisen Geschäfter gemat? Sidd der bei den Preisen avance'ert, hu der matt de Preisen Banquéen ofgehalen, sidd der matt de Preisen op d'Juegd gâng? Wart der an der Partei? Hat der èr Kart agescheckt? Hu der vill Bezugscheiner kritt? Hat der vill Marken ömzewiesselen? Hu der vielleicht én an der Famill, dé geholl gin ass? Oder e gudde Frönd am Gronn, dén iech könnt uschmieren? Oder en decke Monni, dén och net propper ass? Hu der bei de Preisen Patenter ugemellt oder fir d'Nazien op d'Produktio'n gedreckt? Hu der èr Hamen ze deier verkaft? Si vielleicht èr Fraen oder Médercher matt de Preise gerullt, oder hu der Sprötzfahrten matt de Gestaposwén gemat? Ass den Amtsburgerméschter bei iech hamstere komm oder hun d'Preisen ère Wein allegur gesoff? Oder sidd der be's, datt der d'Judemiwelen musst erömgin? Oder huet et iech net gefall, datt der èr Wuchermarken net allegur ömgewiesselt krit? Hu der én aus der Famill ömgesidelt oder am KZ? Ass vielleicht é vun iech erschoss gin? Oder sidd der rosen, well d'Miliz iech eng Ke'er owes no 9 Auer mattgeholl huet? Oder well der net könnt matt èren decken Autoen bei d'Deiwercher furen? Huet ère gudde Frönd vielleicht Hausarrest? Hu der ké Passe'erschei krit fir bei de Monni ze fueren, datt hien iech de Neveu oder de Coseng eröm aus dem Gronn eraushöllt? Sidd der vielleicht net me' eso' keng, elo och nach d'He'chstpreisser ze iwerfuerderen? Oder lôsst der iech vun engem opstöppelen, dé selwer am Dreck leit? Wösst der iech net ganz frei oder stöppelt der nömmen fir nach me' Durchenén ze kre'en? Wöll der vielleicht eröm am Dre'we föschen, oder wöll der nömme me' am Gro'sse verdéngen an neischt schaffen?

Dir sot mer wären Revolutionären a Reaktionären!

A wat ass lass? Schummt der iech net? Wann der eis braucht, da si mer grad gudd genuch. A soss gi mer vun iech geschléft, datt et nömmen eso' rabbelt. Wa mar d'SS eröm ke'm, da ge'ng der iech jo eröm an èr Meislächer verkrauchen, a mir, de Rebelleclub, könnten eröm eis domm ochseg Käpp durhalen. Pakt eng Hand un aplaz op de' deck Tromm ze schloen. an iech eso' opzeregen wa mer iech d'Wo'recht soen. Raumt an ère Wunnengen fir den Evakue'erten Plaz ze mân an hölleft den Déserteuren, de' hém kommen an de' eidel Heiser, eröm op d'Bén, dat ass me' gescheit. A wann der da nach Zeit hud, da macht der emol èr Gewössenerfuerschong, awer gröndlech an o'ni Neid, o'ni Egoissem an o'ni aus bestömmte Grönn parteiesch ze sinn. A wann der dann nach fannt, datt mer Pak a Krom sin, da gi mer matenén un d'Front; mer froen eis eng Sonderpermissio'n duerzo' bei den Amerikaner a mer hoffen datt ké vun iech sech dé Moment e Krankeschein hölt. Do beweist et sech dann, op der Leit sidd oder op der nömme gudd sidd fir ze schnössen!

# Fir d'Berufsstänn

Eng Ménong: Et frét é sech, op et haut beim Neiopbau ne'deg ass datt a verschiddene Berufsstänn zwo' oder me' Organisatio'nen d'Intressen vun démselwechte Beruff vertriéden? Wär et net besser, et wär nömmen eng Organisatio'n fir all Beruff do, de' da vill me' Autorite't hätt an de' de' professionell Froen onbeschwe'ert vun anere Motiven verdédege geng. D'Solidarite't könnt dodurch vill gewannen an d'Profess'o'n och.

Durch eng Entpolitise'rong hätten d'Berufsstänn nömme profit.

# Ass dat nach dran?

Dir kennt dach secher de Mann vu Merel? Dat wor dén, dé sech ömmer senger Sâche bekömmert huet. An dém Gewurschtels, dat mer awer haut iwerall mattmâchen, könnt och de Mann vu Merel sech net enthalen, sei Pefferkerche beizegin, — zemol wa Sâche virkommen we' des.

Do huet jo leschte Sonndeg den Här Paschto'er sech eng geléscht, de' d'Leit vu Merel a vum ganze Land him nach eso' bal net verzeie wèrten. Wann de Gusty vu Koblenz nach hei gewiéscht wär, dann hätt e sech bestömmt an d'Fauscht gelâcht, well den Här Paschto'er him eso' richteg an de Krom geschwat huet. Den Här Paschto'er vu Merel huet nämlech während der Priédegt gesot: „D'Leit hu vu mir verlângt, ech soll op letzeburgesch priédegen. Ech kann iech awer soen, eise Böschof huet ons erlabt, d'Priédegt vum leschte Sonndeg fir ons gefale letzeburger Jongen op letzeburgesch ze halen, mé mir sollen ons kurz fâssen. Mir sin an der Kîrch gewint, eng he'er Sprôch ze schwätzen an net eng Strôssesprôch."

Mir hu scho vill an déne leschte 4 Jor a 4 Me'nt mattgemâch, awer dat hei wor ons dach ze stârk.

Ons Gro'ssherzogin huet ons op letzeburgesch aus der Friémd geschwat, datt ons d'Tre'nen d'Baken erofgelaf sin, ons Ministeren hun ons aus England an Amerika op letzeburgesch geschwat, de Prönz Felix an de Prönz Jang hun ons hei zu Letzeburg an onser Sprôch ugeriéd, an allen Zeidongen liése mer letzeburgesch Artikelen an de' Häre Paschte'er Gevelinger a Carmes, d'Noper vum Mereler Här, priédegen all Sonndes an onser Hémechssprôch, zum bèschte vun der Kîrch a vun der Religio'n.

Verstét den Här Paschto'er vu Merel iwerhapt wat e gesot huet?

Et ass mer ze domm, fir weider Wirder driwer ze verle'eren, et ass nömme schued, datt nach keng Zich an d'E'sleck furen, ech ge'f eso'gur de Biljé bezuelen . . .

**De Mann vu Merel.**

# Den Armistice

De' vireg Woch ass den englesche̲n Premier W. Churchill no Pareis kôm an en huet do eso' e sche'nen Empfang gemat krit, datt en sei ganzt Liéwen dorun denkt. An zu gleicher Zeit huet Frankreich de 4. Sötz am Europäeschen berodenden Ausschuss ugebueden krit, den iwert d'Bedengongen vum Armistice beschle'sst. Dat huet ons Letzeburger vill Fréd gemat, datt Frankreich nés eso' o pd'He'cht könnt, an dat dach nuren durch den de Gaulle a seng Resistence.

Wat nun d'Bedengongen vum Armistice ubelângt, so' wärd Letzeburg net vill dermat ze di kre'en, mat Ausnahm vun der Fro vun onsen Jongen an Oemgesiedelten. An do ass Frankreich am schlechte Fall ewe' mir, dat héscht d'Elsässer an d'Lothrenger. De' Fro wärd secher mat dèr e'schter eng sin, de' an de Vertrag opgeholl get.

Mè nom Armistice könnt de Friedensvertrag, an do get jo Letzeburg secher och zo'gelôss fir seng Fuerderongen z'ennerbréden. Ons Regierung wärd secher schon am gâng sin, de' ne'deg Oenerlagen unzeléen, an ech wöllt se heimat op zw'o kleng Sâchen hiweisen:

**1. D'Grâw vum Jang de Blannen.**

D'Land wéss jo d'Geschicht vun onse mNationalheld, dem Jang de Blannen. All Mönsch wéss och we' d'Reschter vun him no Deitschland komm sin. An et ass ons héleg Pflicht, him de' Plaz ze ginn, de' hie verdengt huet. Et huet ömmer gehéscht mir hätte keng Plaz fir hien. Mè mir hun dach elo eng Krypta an der Kathedral an dann hu mir och nach de Monument du Souvenir. (D'Preisen hun e wuel ofgerass, mè et get nom Krich erôm opgebaut.) Ausserdém besto'ng emol de Plang, him op Almönster eng sche' kleng Kapell ze setzen, de' wuel eso' sche'n an der Landschaft m'ch, we' Castell. An e wir dohém . . .

Wann é bedenkt, datt den Hitler de Franzo'sen d'Reschter vum „Roi de Rome" geschenkt huet, fir niewent sengem gro'sse Papp ze schlofen, dann ass et net me' we' recht, datt de Jang de Blannen an senger Hémecht schle'ft. An dofir muss ons Regierong mat alle Möttele sichen, datt de Jang de Blannen nés no Letzeburg könnt; a wann et net anescht gét, dann iwerfe'eren mer durge'nt all de' deitsch Zaldoten, de' hei begruewen leien, no Deitschland zreck.

(Eng kleng Erônnerong: 1919 haten e puer Memberen vun der National-Union de Plang gefâsst, d'Reschter sichen ze goen. Et war alles an der Rei, de Frend Jang vu Munneref hât sein Auto zur Verfügong gestallt, a we' mer furen sollten, du go'f leider de' ganz Sâch ofgeblosen.)

**2. D'Plange vun der Festong Letzeburg.**

Zu Berlin an zu Wien leien eng Mass Plange vun der Festong. E militäresche Wert hun des Plange weder fir ons nach fir sos én, nuren en historeschen. Wann é bedenkt, we' d'Preisen an onse Bibliothe'ken geraumt hun, da kann én de' Plange ro'eg reclame'eren fir de Schued énergermôssen z'ersetzen. A vleicht fanne mer nach dat én oder anert historescht Dokument vu Letzeburg, dat fir ons gro'sse Wert huet.

Dy.

# Wat en Déserteur z'erziéle wéss

Vum Preis an de' verhâsst brong a gro Uniform force'ert, an de Polnesche Steppen, am russesche Schlamm eng hard, schwe'er a batter Ausbildongszeit mattgemét. 90 Kilometer an 18 Stonnen marsche'ert verbonne matt déne modernsten preisesche Schikanen we' z. B. „Tiefflieger von rechts — Panzer von vorn", Ugröffer, Böschsäuberungen an eso' virun. Enner der Gasmask 36 Stonne geliéwt o'ni se och nömmen eng Sekond ze löften. Eilmärsch gemét an enger Stonn 11 Kilometer dobei den Torneschter um Reck matt 2 Zementszillen, 2 Decken, enger Zeltbahn an eso' virun gudd gelueden. Als Sonderzuteilung mei Maschinegewier vu 34 Pond.

Am Spe'tsummer 1943 de' gro'ss Décisio'n getraff, Elteren a Geschwöster, Haus an Haff der preisescher DUT.-Kommissio'n iwerliwert, an 11 langer Me'nt e Liéwen ewe' eng Nuetseil gefo'ert. All neien Dag an der Angscht geliéwt „op émol halen d'Preisen eng Razzia". Oder et huet gehéscht op der be'ser Hollerecher Gare huet DUT nés 2 Waggoe ston, sollen d'Eltere mur derbeisin?

Eso' sin 11 Me'nt vergangen, vun Zeit zu Zeit opgemontert Sonndes muerges iwer BBC. önner anerem matt folgende Wierder: „D'Fe'erong vum Land leit an den Hänn vum Jonktem, Letzeburger Jongen, mir brauchen Iech all wann de gro'ssen Dag vun der Liberatio'n do ass.

Nén dat wollte mir net. De' Plazen lôsse mir onse Komeroden de' me' Chance haten we' mir, an haut an dèr sche'ner englescher Uniform höllefen, de Preis op de Buedem werfen. Mir wöllen erem eng Arbecht, datt mir och emol können drun denken, zu 23 Joer eng Existenz ze grönnen. Zeit ge'f et scho gin. A we' stét et haut? Bis haut huet nach kén ons gefrot, hues du eng Kuscht oder hues de keng? Et huet nach kén uns ons geduecht. Dach, en etlech Bezugscheiner go'fen ons ausgehännegt, mé matt wat e Costüm bezuelen, dén 1900 Frang kascht.

Op den e'schte Sou misste mir nach haut warden, wann net d'Unio'n eis fir geléscht Milizdengschter Geld gin hätt, fir können e puer Zigaretten ze kafen, elo, wo' och mir erem eng Kart hun, well mer haten e ganzt Jor keng Flésch-, keng Brot-, keng Tubaks- a keng Kléderkart. Emmer op gudd Letzeburger Leid ugewisen, de' haut anstatt e merci ze he'eren, nach vermesse Gesîchter geschnidde kre'en.

Et stét mech eso' un we' wa vill Leid de' Opfâssong hätten, mir hätten an der preisescher Wehrmacht eng Vergnügongsrés gemét. Oder dat Jor an der Stopp eng Erhuelongskur an de Schweizer Bierger op Staatskäschten.

H. A.

# Wién elo nach hamstert...

Wién elo nach hamstert, dat ass a war nach ni

**e gudde Letzeburger.**

Dé Bauer, dén elo net alles virschröftsme'sseg ofliwert, dat ass a war nach ni

**e gudde Letzeburger.**

Wién elo nach net spurt matt dem elektr. Stro'm a mam Gas, dat ass a war nach ni

**e gudde Letzeburger.**

Wién elo sech net zefridde get matt dém wat hién huet, a sief et och nömme muerges eng dreche Kûscht, dat war an ass

**ké brawe Letzeburger.**

Schmâcht dann net elo, wo' mir ons Freihét erem hun, eng schwarz, dreche Kûscht besser ewe' viru 6 Wochen eng weiss vum selwechte Gewicht matt Botter a Gebéss.

Wién awer elo freiwölleg op de Botter verzicht, obschon hié sech es matt Lichtegkét verschâfe könnt dat ass

**e gudde Letzeburger.**

# Offene Bre'f un den Här Justizminister

Här Minister!

Matt dém gre'ssten Erstaunen stelle mir hei zu Munref an am ganze Land fest, datt é nom aneren vun déne verhafte Preisefrönn a Collaborateuren aus dem Prisong entloss gin an eröm dohém sech bréd mâchen. Ass et Iech, Här Minister, bekannt, wat de' Leid während der preisescher Occupatio'n sech wirklech zuscholde komme gelosst hun? Wösst Dir iwer dat, wat de' gudd Letzeburger önner déne Crapüllen ze leiden hâten, richteg Beschéd? Oder gét et grad ewe' virum Krich dur, datt desen oder dén sei Cousin oder Mononk op Démarchen ausschéckt, fir datt un he'rer Stell en A zo'gedreckt get an de Betreffenden eröm lâfe geloss get. Hei zu Munref hu mir beispillsweis e Fall erliewt, wo' é vun de politesche Prisonne'er 9 Dég frei krit huet, fir op d'Begriefnes vun engem Neveu ze goen. Par contre huet é vun onsen Unio'ns-Memberen, dén am KZ zu Hinzert so'tz, démols den Do'd vu sengem Papp vun de Preisen matt sadisteschem Lâchen mattgedélt krit, an et war him net erlabt, och nömmen hém ze schreiwen. Hun ons Letzeburger, de' vun de Preisen we'nt hirer patriotescher Haltong verhaft go'wen, me' schlömm Verbrieche begângen, we' de' Preisen, de' sech ge'nt hir Hémecht an hir Mattbirger versönnegt hun?

Mir könne matt Nimm dengen, a wärden net verfélen, dat ze mâchen, wann hei net geschwönn aner Mesüren getraff gin.

**D'Unio'n vu Munref.**

# Eng Stömm vum Baurendurf

Als Member vun der Unio'n a Sectio'nschef vu mengem Durf liésen ech ömmer ganz gené d'Unio'n; ech menge feststellen ze missen, datt dir net ganz am Bild sit iwert d'Zo'stänn bei eise Baueren.

An dèr leschter Nummer mâcht dir iech Surgen iwert d'Ofliwere vu Frucht; dozo' kann ech iech soen, datt et beim Bauer net um gudde Wöll félt, ma u Personal a nach émol u Personal. Mir hu bei eisem gro'sse Betrieb z. B. als énzeg weiblech Krâft eis Mamm vun 61 Jor.

Hu mir dat verdengt, nodém an der preisescher Zeit honnerte vu Jongen bei de Bauere verstoppt woren, an eis Jongen iwerall gudd geliéwt hun, jo, op Plazen eso'gur gemäscht go'wen. Iwert d'Preisser, de' de Bauer krit, an de' de' den Arbechter kann am Butek bezuelen, wir och nach vill ze schreiwen. Hei e Beispill:

Fir e gudd Kallef kre'e mir 700 Fr.; wivill Flésch krit é fir dat Geld?

E Liter Möllech kascht 2.25 Frang, é Liter Be'er kascht 6—7 Frang!

Fir haut hun ech iech genuch geschriwen. Ech si gär averstanen, iech weider gené iwert d'Landwirtschaft ze oriente'eren. Meng Ménong ass de', datt de Bauer an den Arbechter fir de Moment nach ömmer de' „Dommst" sin. De' eng hu keng voll Arbecht, de' aner musse 15 Stonnen den Dag schaffen. Ass do keng Le'song me'glech?

P.

*

Mir hun drop gehalen, ère Bre'f eso' ze brengen we' mir e kruten, a mir wäre fro', nach weider vun Iech we' och vun onsen anere Liéser vum Land iwer d'landwirtschaftlech Froen an Uleien Beschéd ze kre'en, well am Fong hu Der net Onrecht wann Der sot, datt den Arbechter an de Bauer bei der Sâch de' Dommst sin.

A si könnte sech én dém aner mengerwärreg gudd höllefen, dén é matt senger Arbechskrâft, dén aner matt senger Wur a si wire be'd zefridden, mengt Der net och?

Mir hoffen, Dir schreiwt ons geschwönn eröm.

D'Redaktio'n.

## D'Unionsfönster vun De'ferdang

Et get mattgedélt: Zönter 8 Dég ass vrun de Fönsteren vun der **Unio'n De'fferdang** e Gedrecks, wat mat Momenter direkt gefe'erlech ausgeseit. Wat ass eigentlech lass? D'Unio'n huet an de sequestre'erte preiseschen Heiser eng ganz Mass interessant Fotoe fond, de' eng ganz Partie Letzeburger Nazi- a VDB-Aktivisten, an engem sche'ne preisesche Licht weisen. De' ganz Sach ass schrecklech interessant, an d'Leit amuse'ere sech gro'ssarteg, ofgesin dovun, dass se op de' Mane'er einwandfrei feststelle können, wien eigentlech ömmer bei all Nazikundgebung derbei wor. Dass zwar net jidderén gehânge ka gin, dén op eso' enger Foto ass, ass klor, well op de Biller sin och Leit, de' nömmen op Drock hin déne Kundgebunge beigewunnt hun, we' d'Musikante beispillsweis. Mir wösse gené, wat verschidde Jongen, trotz Naziterror, fir d'Virubestoen vun der De'fferdanger Stadmusek gemet hun, an dass se net opgehâng gin, wann se par hasard op e pur eso Biller figure'eren.

Dé Idi vun der Unionsfönster als Propaganda ass iwregens gur net domm, a mer werten ons erlaben se me' oft derfir ze benotzen. E Samschdeg hänke mer de' nei Nummer mam Programm dur, de' net manner interessant ass. E sche'nt Plakat vu Könschtlerhand niewendrun, d'Union ass emmer um Dill.

## Requiem

(Engem a Russland gefalene Letzeburger)

Du has dem Liéwen kaum gelâcht,
An dengem jonge Gléck,
Du hun se schons dei Graf gemâcht,
An nie könns du remzréck . . .

Keng Tre'n huet an der Do'desnuecht
Dir Tro'scht am Léd verschaft . . .
Keng Dännen halen bei dir Wuecht,
Keng Blum ble't dir om Graf . . .

Ké Villchenséngt dir d'e'weg Ro'
Dohannen an der Friémd,
A ké Gebiéd dat ömmerzo'
Am Do'd dech nach beschirmt . . .

Dach aus der Hémecht dréngt eng Klo,
Do kreischt e Mammenhierz:
„Mei Kand, mei Jong ass net me' do!
„Fir wat dat Léd, dé Schmierz?" . . .

Fir wat hun si dech an den Do'd
Gezwongen fir hirt Land?
Eng gre'sser Schmod, eng gre'sser No't
Huet d'Hémecht niemols kannt . . .

Wo' am Kommio'nskléd zum Altor
Du bass gefe'ert gin,
Do stét nun haut deng Do'debor
Vu Blummekränz emgin.

An d'Hémechtsklack so' trauereg
Rifft ons zum „Requiem",
't ganz Hémechtsduerf betrauert dech,
Geseit dech nie erem.

Schlof gudd, du letzeburger Kand,
An dengem Heldegraf!
Du bass gefall fir d'Hémechtsland,
Gefall fir Tro'n a Glaw! . . .

J. B.. Reckendall.



Bleck aus der Plättisgâss

# Zwo' verschidde Klakken

De' hun ech dés Dég kurz noenaner he'eren:

De' e'scht huet en Här Résender aus der Belsch gelaut (mé hié war bestömt me' Schieber a Kettenhändler we' Représentant): Hien hât eng Zort toile ze verkafen fir 60,— Fr. de Meter, eng Wur, de' soss 5,— Fr. kascht huet. We' den Här, dém hien seng Offer gemach huet net gleich ugebass huet, huet hien ugefang: „Ah, mon cher ami, vous le regretterez bientôt. Vous allez voir! Savez-vous ce que vaut actuellement une livre de beurre à Bruxelles? Mille francs! Un costume pour hommes? Six mille francs! . . . aew.

Mei gudde Letzeburger ass trotzdem net drop agângen a sot: „Zu Wucherpreisser kâfen ech neischt. **Ech respecte'eren onse Frang vill me' he'ch ewe' eso'!"**

De' zwét Klack huet och en Textilrésender aus der Belsch gelaut, an iewer hat de' e ganzen ânere Klank: Hien huet Torschongen offere'ert fir 5,— Fr. d'Stéck. — „Combien de mille vous faut-il? C'est une bonne qualité. Naturellement il vous faut encore d'autres articles que des torchons, mais je ne pense pas que le prix va augmenter encore. D'ailleurs notre gouvernement fait tout son possible pour éviter une hausse anormale. On est même allé d'arrêter certaines lignes du chemin de fer pour ne pas donner une trop grande facilité de se déplacer à certains voyageurs qui payeraient n'importe quel prix pour n'importe quel article.

# Et hêscht keng Ko' Blimchen' wann se keng Strimchen.

**Novell vum W. D.**

(Nodrock verbueden)

Am Hémond wor et, nodém Samschdes de' lescht Fo'er Hé önner dem Bo'n vum Bo'nenhaff erdurch an d'Scheier erangefo'ert, wo' d'Strauss op sto'ng, eng Zéchen, datt owens den Hun vum Héschnatz gefe'ert ge'f, wat och gröndlech geschitt. Du sötzt den Dag drop Sondesowes de Gierch, den Elsten vum Bo'nenhaff, gemitlech virum Haus op enger Bänk eng Zigar ze râchen.

Seng Fiseleminn verre't, datt matt dem Hun vum Héschnatz vill Suerge begruewen an dem Bauer e schwe'ere Sté vum Hèrz ass, wann d'Fudder drechen önnerdag sin, a vu Fréd amese'ert de Gierch sech domatt, mam Mond den Damp vu senger Zigar a Röndelcher ze formen an dann an d'Lucht ze sto'ssen, an e lâcht mam ganze Gesîcht, wann him emol e Röndelche gere't dén ewe' gezirkelt.

Niéwend him op der Bänk sötzt sei Papp a patscht gemitlech seng Peifchen an huet seng Gèllecht matt dem Gierch sengem Spillchen wat hién nokuckt.

Hié war e Bauer vu Kapp bis zu Fo'ss. Eng Gestalt, stârk, brét a knacheg, dobei de' ne'deg Gre'sst, „der Duebeler én", ewe' én eso' sét. Trotz der viller Arbecht geseit hién dach net vernole'ssegt aus. Liéwensfro' a frösch kucken d'Aen an d'Welt, dénen neischt entgét, ma de' Verstéss-de-mech hun fir d'Alldéglechkéten a se sichen eso' ze méschteren. En dén net stauteg d'Fra gebétscht an d'Pèrd am Gruew leie gelôss wur et gefall durch seng Nole'ssegkét. wat bei eso' villen den Hausfridde geste'ert, well se domatt net impone'ert, datt se d'Liéwen zu enger Lige mâchen. Eso' go'ng och alles zefridden an dém Gleis wat hié geluegt o'ni de Wonsch ze hun datt et anescht wir a könnt sin. D'Mamm selwer huet dodurch seng Méschterschaft net gefilt an och net dono begiert well si gefilt, war si och Mod a sengem Haus, a sengem Hèrz war si d'Kinigin, a senge Kanner war hién e gudde Frönd, dém ként vergiéwens vertraut wann et him sei Léd geklot. E kuckt nun e Moment rondöm an d'Lucht, höllt de Kluef aus dem Mond a weist mam Stil an d'Re'lach wo' schon eng Zeitchen e Wiéder um Ble'en a mengt: „Gudd, datt mer onst Hé önnerdag hun, Gierch, kuck emol wat sech do zesummen zit a mur hu mer Muerdersdag, wann et do rént, da rént et 6 Wochen an engem Steck."

De Gierch, dén nach ömmer matt senge Röndelcher spillt, kuckt emol op a mengt verwonnert: „Menger Se'l. Dat Wiéder hat sech ower elo schötzeg zesummegezun, we' dat schon himmelîcht an allen Ecken." An e spillt eröm mam Damp.

„Nujé, fir ons do kann et jo elo rénen, d'Rommelen an d'Gromperen de' warde jo drop", mengt sei Papp a kuckt dem Gierch no a sengem Spillchen, dén, we' et schengt, elo me' Spâss dorun huet ewe' um ganze Wiésen, a mengt no enger Zeitchen: „Wat en Amusement. Du hues et dora wirklech weit bruecht fir Röndelcher an d'Lucht ze blosen. Hätte mer dech emol so' weit bruecht, datts de och eso' beflass un d'Bestueden de'ts denken, datt mer emol eng Schnauer an d'Haus krîten. Dat gese'ch é scho le'wer ewe' dat elo D'Mamm könnt elo bei Joren a könnt eso' eng Höllef gudd gebrauchen, eso' lang we' si nach do, könnt si se alt instrue'eren datt et herno, wann et emol eleng, am Stod och Beschéd wösst. Eso' ble'f et dann um Haff beim Alen an et könnt én de Kapp a Ro' léen."

De Gierch hält d'Oeren emol steif, we' sei Papp vum Bestueden geschwat, a we' hié ferdeg, otemt hién emol de'f: „Ja Papp, dat wärt ower me' eng kriddeleg Arbecht sin ewe' Röndelcher vum Damp an d'Lucht blosen. Ech siét gewöss net „Nén", wann é secher wär, datt én et de't geroden."

„Gott net nach. Eso' schwe'er dierf dat Bestueden é net virkommen," mengt de Papp. „Du geseis, ech hun et dach och net schlecht geroden, an et war mir och nach net léd." De Gierch lâcht he'ch an d'Lucht: „Jo du, du hues och meng Mamm kritt. Dat gléwt de Papp."

„Mei Gott. Et wärt och nach e Médchen ze fanne sin, wat der Mamm d'Stang könnt halen a wat op den Haff passt, wann et sech nötzlech me'ch."

„Ma mir furen dach gudd zesummen, an d'Mamm stét nach fest op de Bén. Sche'ner ewe' elo könnt én sech et net wönschen. Wann ech dann eppes an d'Haus de't brengen, wat sech matt kengem de't verdron? Du wéss jo we' de' méscht haut erzu gin. Frei Hand an iwerall d'gro'sst Wurt ze fe'eren. Net ewe' ons Mamm, de' kén am Haus he'ert, ower hire Géscht spirt é vum Keller bis op de Speicher. Ass én dohém, da félt engem neischt, obschon datt én hir neischt gefrot; dofir wönscht én sech et och net besser. Dat ass e Geschenk vum Himmel, wo' én dem Hergott op de Kne'en ze danken huet."

„Du hues jo domatt net Onrecht, Gierch. Ech wöll der ower Ént soen; et muss én sech se der Hand no winnen an hinnen d'Gitten net ze lâng lôssen."

De Gierch muss hârd lâchen: „Du wärs mir dach net wölle soen, d'Mamm hätt der Naupe gehat?"

„Sie truechten all, me' oder we'neger, no der Méschterschaft, an ech wöll bal soen, de' dat net me'gen, dat wiren der ewe' d'Pèrd, de' net wöllten ze'en. Do ass ént, wat ge'nt d'Gitte reisst, mer nach le'wer, dann ze't et och wann et bis dru gewinnt, wat sei Wèrt dann nach erhe'cht."

„Da mengs de Papp, et ke'm én net derlânscht, hinnen eng stark Hand ze weisen?"

„Gewöss, an sech net vergâchele lôssen. Ewell e Fraleitshor ze't me' stark ewe' e Klackesél, gef dorop uecht, a wann et dech ömze't, kann et dech net me' uechten."

De Gierch lâcht: „Dech hun se ower net nidder kritt!"

„Wo' ké Mann, ass ké Rod a wo' keng Fra, ass ké Stod. Jidderén op senger Plaz. A mierk der dobei ower och: d'Pèrd am Gruew, wur et durch deng Schold gefall ass, net leie gelôss an d'Fra dofir gebétscht, da get dei Liéwe keng Ligen an d'"Méschterschaft gét der da scho vum selwen net verluer." Dann hiéwt de Papp sech, sét „Gudd Nuecht" a gét op en O'er leien.

De Gierch râcht seng Zigar virun, ble'st ower keng Röndelcher me' an d'Lucht, en Zéchen, datt dem Papp sei Rod him am Kapp rondöm gét. „Hiéf d'Pèrd am Gruew op wur et gefall durch deng Schold, da brauchs de d'Fra net ze bétschen." E lâcht fir sech, dat ass nés ént vu senge Sprechwieder, wo' én hién drun erkennt. Wo' et No't leid, pâkt hién un, o'ni seng Leit ze vernennen an ze direngelen, eso' erkennt én och gleich de Mann, dén d'Rudder fe'ert.

Datt hién sech schon e Médchen erausgesicht, dat huet hié sengem Papp jo nach net verziélt. A wat fir e Médchen? De Stuel vum Duerf an der ganzer Oemge'gend. Datt hié mam Papp nach net doriwer geschwat, dat huet seng Ursâch. E sicht och scho lâng no enger gönschteger Geléenhét, fir driwer ze schwätzen, ma en zeckt nach ömmer, ewell de Papp an d'Mamm sin net gudd op dat Haus ze spriéchen. En huet och alt Vergleicher gezun töschent senger Mamm an dem Ro'seli vum Brameschhaff, wat dat Médchen. All Respekt fir seng Mamm, ower am Ro'seli sei Schiéd ko'm si dach net. Wo' könnt si och? Si war jo a kenger Pensio'n ewe' hatt. Dat huet e Gescheck matt Leit ömzegoen, an e Mondstéck. Wann seng Mamm emol vill Leit rondöm sech geseit, dann ass se gleich ewe' verspellecht a sicht nom Papp. Wann de Papp net wär, da wösst si sech ké Rod. Durge'nt ass d'Ro'seli dann ere'scht op senger Möscht, kengem bleiwt et eng Äntwert schölleg, a ké könnt him op de Virzock am Mondstéck, an dobei nach eng Hausfra, de' engem eppes kann opdöschen.

(Get fortgesat.)

D'Schreinerei

**Reisdorfer**

KAYL, Te'tengerstrôss

mecht all Schreinerarbechten, propper a gudd.

Mei Bro't sech selwer recommande'ert dir kritt et och an d'Haus gefe'ert. Eng Partie Kart, Gespre'ch, Gesank dobei den allerbeschten Drank

beim

**Schanen's Misch**

zu WALFER, Dikrecherstrôss

Dir git gudd, fröndlech a fachmännesch bedengt beim Bäcker

**Meiers Nic.**

WALFER, Dikrecherstrôss 61

Hié liwert och an d'Haus

Fir Kok a Kuelen an Holz git bei

**Kariger-Raus**

HELMSEM (Walfer)

Fir eng Coupe oder eng fachmännesch Permanente, git bei de

**Geisen Bertrand**

Coiffeur

WALFER

Eng säfteg Kotelett an en doftegt Biffdeck krit dir op der

Walefer Breek beim

**Metty Bauer**

Hién zäpt och e gudden a fröschen Humpen

Ass et fir e'schtklasseg Flésch- a Charcuteriewuren, passe'ert beim

Metzler

**Theis-Kettels**

BERELDENG

Fir èr Epicerie- an Iesswuren, git an d'Haus

**Hack-Zangerlé**

zu BERELDENG

Do git der gudd, réell a fröndlech bedengt

Kart a Gesank

Derzo' de beschten Drank, eng Dröp, Wein aBe'er

beim

**Audry's Jamper**

zu WALFER op der Gare

Fir e modernen Ustrach, eng dekorativ Wandmolerei, e sche'nen Tableau beim Dekoratio'nsméschter

**Schmit Fr.**

WALFER, Scho'lgâss 6

De' sche'n Ro'senzort Grande-Duchesse Charlotte a nach vill aner Zorten krit der nömmen beim

**Reuter Ad.**

Ro'senzichter zu WALFER

Lânge Joren bei der Firma Dufays, Biedergâss, beschäftegt, hun ech mech elo selwer als Buchbönnerméschter etable'ert. Ech bestriewe mech, meng Konnen zefridden ze stellen an d'Konscht mat dem Handwierk ze verbannen.

**Léo Schlechter**

LETZEBURG-GARE

8, Rue Charles VI (hannert der Molkerei)

Eng gudd erhale

**Kannerkutsch**

ze verkafen.

Offerten un d'Expéditio'n vun der Unio'n, Eck Philipps- an Önneschtgâss.


**Letzeburger! Halt èr Hémechtssprôch an E'ren!**

# De Mann vum Tram

Dir ge'ft jo gäre wössen wién ech sin. Ech gin iech dofir mei Steckbre'f. Ech si ké Ries, ech si kén Zwerg, ech sin eso' gro'ss ewe' d'Halschent vun dénen zwe'n. Ech sin net deck an och net dönn, ma ech kann iech verroden, datt ech vum 10. Mé 1940 bis zum 10. September 1944 eso'vill Pond ofgeholl hun we' mir Joren an onsem Jorhonnert hun. Mei Kapp huet eng ordentlech Gre'sst, a meng Hoer sti richt an d'Lucht we' bei enger Zännbischt, sche'n Zänn hun ech iwregens och. Matzen an der Fassad hun ech e Känki matt engem Zwicker drop. Den Zwicker droen ech fir driwer zu lûssen am Tram, da mengen d'Leit ech wir och é vun den Dichtegen aus der Regirong. Matt menge Kléder ass et net deck, ma ech si gekléd we' all normale Mönsch. En decke Bauch hun ech net. An de Schong hun ech ower e gudde Numero, nämlech 45, also scho richteg Schongköschten. Ech hu sche'n Hiéwansfangeren, ower ech droe ké Brautrenk.

Elo furen ech scho jorelang mam Tram an ech fure ganz gär matt him aus engem spursame Grond. Am Tram he'ert én nämlech eso' alles wat am Liéwen an op der ganzer Welt geschitt. A wann én dann sech alles gud mierkt da brauch é ké Memorial, ké Letzeburger Wort, kén Escher Tageblatt, keng Volleksstömm, keng Unio'n, keng Hémecht a keng aner Zeidongen ze liésen, an da spurt én all de' Abonnementer. Hun ech net recht, mächt emol d'Rechnong. Den Tram kascht jo haut gur neischt me' e Pättche fir an d'Stad an e Pättche fir hém.

An elo opgepasst. Mir sin um Tram an en ass gudd gelueden. De Schaffner kuckt nach eng Ke'er lânscht de Won a rifft „ferdeg".

De Ren: 't ass awer allerhand, elo möscht sech d'Transportministerium och schon an de Sport eran.

De Nick: A wat hun de' vum Transportministerium mam Sport ze din?

Ren: Mar sollt jo de gro'sse Fo'ssballmatch Letzeburg—Dideleng sin.

Nick: Dat wösse mer. Dat get eng gudd Recett fir d'Ro'd-Kreiz.

Ren: Quetschen och! En alen Dreck get et. Eng Blamage get et. De Match ass ofgeblosen we'nt Transport- an aner Schwiregkéten.

Nick: Ass dat nach dran! E Match fir eng gudd Sach einfach just de leschten Dag we'nt Transport- an aner Schwiregkéten ofblosen.

Ren: Jo Nick, eso' ass et ower. Vun Dideleng bis an d'Stad an eröm hém sin et gudd gerechent 70 km. Dat wiren ongefe'er 20 lt Benzin fir e Camion oder en Autobus.

Nick: Ma du schengs net ze wössen datt de' Häre vum Transportministerium e Won vum Staat hun an datt verschidden Hären nach hire Privatwon hun fir ze furen, an de' Wén brauchen och Benzin.

Ren: Da firt emol é vun dénen Hären net matt senger égener Maschin an e gét och emol e we'neg zu Fo'ss. Mir schaffe jo och fir de Staat a mir gin nawell zu Fo'ss oder mir fure mam Tram, an da musse mir och scho berappen.

Nick: Also de Benzin hätte mir zwe'n emol fir ze furen. Mä de' aner Schwiregkéten de' do solle bestoen?

Ren: D'Amerikaner. Ma de' hätte bestömmt eisen Autobus durchgeloss.

Nick: Ech wetten och. Also mir spille mur. Elo muss ech eraus, ech sin doheim. Gudden Appetit Ren. Mein allegurten.

Te'dy: So, Ren, du kanns jo gudd rechnen. Wivill ass den Önnerschéd töschent 15101944 an 1051940?

Ren: Den Önnerschéd töschent 15101944 an 1051940? Dat ass, elo wart emol Null, Null, Null, Null, fönnef...

Te'dy: Null, Null, Null, Null an eso' virun, dat ass richteg. Nömmen dat richtegt Resultat fönns du net.

Ren: Domm Lo'der do, eso schwe'er ass de' Rechnong och na net.

Te'dy: A wann ech der soen, datt den Önnerschéd 2 600 Millio'nen ass, wat sés de dann?

Ren: 2 600 Millio'nen?

Te'dy: Fro net eso' domm, du scheugs jo de' Ziffer gudd ze kennen?

Ren: Du bass en As Te'dy. Du wölls den Önnerschéd töschent dem 15. Oktober 1944 an dem 1. Mé 1940 wössen? Ma dén ass allerhand gro'ss. Am ganzen 2 600 Millio'ne Frang.

Te'dy: An de Rescht könnt nach no!

# Un de', de' et ugét

Et war bestömmt eng glécklech Stonn, we' am März 1944 de' verschidde Resistenz-Gruppen sech zesummegeschloss hun zu enger gro'sser Organisatio'n: d'Unio'n.

Mir hun an desen Dég, wo' vu verschidde Seiten gesicht get, d'Unio'n a Messkredit ze brengen, mussen op e neits agesin, datt den Zesummeschloss eng Dot war, de' fir d'Wuel vun der Hémecht se'er ne'deg war.

Nemmen durch den Zesummeschloss ass et eis haut me'glech, eise Programm durchzesetzen, allen affenen a verstoppten Ugreff zum Trotz. Wat un Hannerhällegkét, Nidderträchtegkét a Sabotag ge'nt d'Unio'n a lescher Zeit agerass ass, spott aller Beschreiwong.

Mir kommen net derlânscht, fir é fir allemol dat hei an hirt Stammboch ze schreiwen:

Wösst der Dir Hären, we' stark datt d'Uni'on ass? Wösst Dir datt sie entschloss ass, hire Programm o'ni no rechts a no lenks ze kucken, durchzesetzen.

Wösst Dir, datt et reng onme'glech ass, de' Unio'n, de' an der gre'sster No't, an der Zeit we' d'preisesch Fauscht et emsoss versicht huet, eis ze verdillechen, op d'Bé gesat an ausgebaut gin ass, ze sprengen an onéns ze mâchen.

Wösst Dir datt mir et als eis helleg Pflicht vis-à-vis vun onse Kanner ugesin, eis des Ke'er em ké Geld a ké Preis vum richte Wé ofbrengen ze lôssen.

Wösst Dir, datt mir fir de' gudd Sach vun der Hémecht och elo nach nom Krich eist Liéwen zu jidfer Stonn asetze wöllen?

Wann Dir dat alles beduecht a nokontrolle'ert huet, an nach ömmer meng, Dir könnt eso' virufuren, dann, Dir Hären, furt dur. Eis Äntwert bleiwt dann net aus.

H. W.

# Burg-Frédefeier oder Lagerfeier

Uschle'ssend un de' zwo' Propositio'nen an der lèschter Nummer vun der Unio'n, wat d'Freihétsbém an d'Burgen oder Frédefeieren fir den **Dâg vun der Armistice** betröfft, ge'ng én alle Scout dé Virschlag hei mâchen:

Fir dén Dâg an och fir spe'der fir all cortège, solle mir elo an onse Vereiner, eso' oft we' irgend eng Réunio'n stattfönt, ons Letzeburger Lidder pro'wen (natirlech wo'me'glech och e puer franze'sch an englescher) an net nömmen ömmer eng Stroph vun all Lidd. Durfir wär et intressant, wann d'Unio'n an "All Nummer (wann net mat, dann o'ni No'ten) e Lidd ge'ng brengen, dat we'negstens de' Jong sech könnten erausschneiden an an e Bichelchen pechen. Als e'scht ge'ng ech vun den 2 Kinékskanner folgend Strophen propose'eren:

1. D'Wilhelmusweis voll Mudd, Krâft a Schwonk
fle'sst durch d'Bludd ons we' e Feierdronk;
D'Wilhelmusweis voll Mudd, Krâft a Schwonk
mecht al Hirzer an al Zeite jonk.
An op de Fielzen un der Our
de weissen Tur
hiewt himmelhe'ch eng sche'n Erönneronk.
Haut dre't e stolzt Geschlecht Hand an Hand
Nuem a Le'ft vum Letzeburger Land.
2. Nun ass verbei de Sturm, d'No't ass aus,
d'Menschhét trött erle'st un d'Licht eraus
Nun ass verbei de Sturm, d'No't ass aus,
Letzeburg bleiwt Hèr am égenen Haus.
Den Himmel huet no lânger Nuecht
d'neit Fre'jor bruecht
a röscht all Dir mat grenger Friddensstrauss,
'lo stét we' ni so fre'! Hand an Hand
Gro'ss a kleng am Letzeburger Land.

Fir datt mir eis Lidder auswenneg können, musse mir si bei all Réunio'n, bei all Geléenhét, wo' e puer Letzeburger sech treffen, si ômmer an ömmer erem sangen. Et war schappeg genug bei onse Cortègen de' e'scht Dég vun der Libératio'n, datt mir kaum de' e'scht a matt knapper No't de' zwét Stroph vum „Letzeburg de Letzeburger" sange konnten.

Eng Burg kann nömmen do ofgebrannt gin, wo' keng Gefor fir e Brand bestét. Dann huet et och ké Sen eng Burg ofzebrennen, wo' se net weit a brét sichtbar ass. An drettens: Ech fèrte ganz, den Dâg vum Armistice félt et bestömmt um ne'dege Stre' an Holz.

Durge'nt brauche mir fir e Frédefeier net eso' vill Holz ewe' fir eng Burg, matt e puer Fäsche gét et vǒlleg dur. E Frédefeier — ech denken do un de „feu de joie", dat de' Pareiser Compagnons de St. François am Jor 3 oder 34 op dem Knuedeler ofgebrannt hun, — e Frédefeier ass me' eppes hémleches, locales.

All gre'sser Uertschaft kann do me' ewe' é Feier op én Owend organise'eren, all Quartier ka sei Frédefeier hun, desto sche'ner an intressanter get et.

Iwer de Programm vun eso' engem Frédefeier de' nèxte Ke'er.

# Wien ass schold drun?

An engem vu senge leschten Artikelen irgert de Man vun der Stross sech doriwer, datt de' kleng Collaborateuren agestach an de' gro'ss lafe geloss gin.

Et ass eis scho lang bekannt, datt et tatsächlech eso' ass. Wann én ower dem Man vun der Stross sein Artikel liést, da könnt é mengen, et wär der Unio'n hir Schold.

Mé de' Schölleg sötzen a Wirklechkét anzwo'anescht.

Et stét fest, datt d'Unio'n an de verschidde Sectio'nen Kadetten mam Schlawittche kritt huet de' se sche' propper festgesat hat, de' ower no e pur Dég an der Stad ho'freg, frank a frei spaze'ere gange sin. De sche'nste Beweis, datt d'Unio'n matt déne Wippercher neischt ze din huet ass, datt de' betreffend et net woen, hém an hir Heiser ze goen.

Wann eis Populatio'n sech iwert eso' Fakten opregt, dann huet se nömme recht a mir froen eis wuer dat fe'ere soll. Et wär fir ze lachen wann et net eso' traureg wär, datt de' kleng Mipper cher, de' e'weg gewinnt waren ze follechen, de' vun de gro'ssen Hären de Wé gewise kruten an nömme nogebied hun wat de' Deck hinne virgemat hun, elo eleng ausdrenke mussen, wat se sech no he'rem Beispill agebrecht hun. Vill Leit, de' matt hir doriwer geschwat hun, sin der Ménong, gewössen Häre ge'fen op des Mane'er „Wahlpropaganda" mache wöllen, andém si der Famill vun dem schwarze Schof ge'fe beweisen: Kuckt, mer sin net eso ureg we' de' be's Unio'n, mir lossen èr Schéwercher frei, a wann dann emol gestömmt get, da wésst der wat der ze dun huet. Sie bedenken net, datt e richtege Letzeburger, dén a senger Famill eso' e schwarzt Schof huet, nie derzo' ze brengen ass, fir eso'én a Schutz ze huelen. We' oft hu mer erliéft am Krich an och elo nach, datt gudd Letzeburger, de' me' we' eng Ke'er hirt Liéwen an d'Spill gesat hun, vun engem Member vun hirer Famill gesot hun, datt hién hinne gestuerwen ass, an dém Moment, wo' hién sech un d'Preise verkaft huet.

Matt dem Vollek a matt dem Man vun der Stross fuerdere mir: Richt gerecht, dir Hären, da könnt dir och virum Vollek bestoen.

H. W.

## Onse Fuendel he'ch ze halen...

Et ass nés Kreistag zu Esch, an um allen Heiser henken d'Hakekreizfendelen. D'Strosse sin we' e Mir vu Bludd. D'giél Uniformen erdrecken d'Strôssebild. Zur Virfeier ass fir Sonndes Möttes zu De'fferdeng e Propagandamarsch organise'ert. D'Strösse si we' ausgestuerwen. Do könt de Cortège. Gezwongen e pur Musikanten un der Spötzt, durno, gedroen vu besonnesch kale'erte „Volksgenossen", komme rieseg Hakekreizfendelen, hannendrun dann d'Elite vun de Nazi-Letzeburger: S.A., N.S.K.K., H.J., B.D.M., N.S.F. an d'Herrschaften am weissen Hiém a schwarzer Krawatt, an alles huet gesongen: „Führer befiehl, wir folgen dir".

Wösst der dann nach, we' d'Leit gelaf sin, wa se den e'schte Musekto'n he'eren hun? Wösst der och nach, we' de'jéneg, de' d'Ongleck haten an de Propagandamarsch ze lafen, vun der S. A. brutal an d'Gesicht geschlo go'wen an hinnen par force den Arm an d'Lucht gehal ass gin fir d'Hakekreiz ze gre'ssen? Wösst der dat nach? We' e be'sen Dram kénnt dat engem haut vir, an dach war et eso'.

We' ass et durge'nt elo matt eisem Fendel? Mir schwätzen haut sö'vill vu Patriotissem. Awer wann d'Letzeburger Fendelen lanscht gedroe gin, we' dat elo bei e pur Unio'nsbegriéfnesser de Fall war, da sin et nömmen verénzelter, de' den Hutt lichen.

Löss mer ons dach emol op ons selwer besönnen. Mer sin dach Letzeburger. Mer brauche net, wann ons Farwe lanscht gedro gin fir de' so'vill braw Letzeburger hirt Liéwe gelôss hun „Sieg Heil" ze ruffen. Mir brauchen och net d'Tallongen zesummenzeklappen. Mir können awer respektvoll den Hutt ofdin am Gedenken un ons Helden a am Bewosstsein vun onsem letzeburgeschen Nationalgefill. 'T ass net schwe'er, an dir weist wat dir sit.

J. B.

# Den Iwergank

Et war emol èng Ke'er,
- So' gét all Séchen un -
Bei deser, d'muss é soen,
't ass wirklech net gelun.

Et ko'm èng Iwerschwemmong
Vun Deiwelen an d'Land,
Se waren ni am Liéwen
We' haut, der Welt bekannt.

Dat Land, et go'w rege'ert
Vun De'ren, schlecht a gut,
Ma virun desen Deiwelen
Do waren s'op der Hut.

Si hun sech och matt Zeiten,
Matt Recht ewéch gemâcht,
Wann och de' Deiwle soten
Si hätten neischt gedâcht.

So' gungen sech verstoppen
De Le'w an du de Fochs
Zesummen op eng Insel,
Och d'Wisel an den Ochs.

Si hun sech gut verdroen
Si haten net vill Plaz;
Si wo'ssten! wié ge'w streiden
Dé wär e Vull fir d'Kaz.

Si hun de' schlömmste Joren
Rege'ert, o'ni Hèm,
Wo' si a Friddenszeiten
Geliéwt, a sche'nsten Drêm.

Mol hei an do, we' glungen,
Do krut da, ganz beflass
Dat eremt Land ze he'ren —
„O halt en dach de Bass!"

Wat blo'w dén aner iwreg!
Gemartert! Iwerfall!
„Sech steipen a sech wiren"
„d'Paro'l vun iwerall."

De Bir zum allere'schten
Beküppt de' Wieder schnell;
En huet nach haut dén Tuppé
Seng wir de' kloerst Quell.

Virwat dann, rift de Wollef,
An ech matt menger Waff?
Ech hu bestömmt net manner
We' Dir derlâscht getraff.

Du sét den Hiés-che ro'eg;
Dir Hären, sit gescheit!
„Et héscht zesumme schaffen"
„Mir sin nach net befreit!"

Dach konnten si scho spiren
Gesin we' schnell et ko'm;
We' hurtech aus dem Ländchen
Sech wullt dén Deiwelsstro'm.

Verénegt a verschwueren
Entstung do èng Légio'n!
De Bir, den Hues, de Wollef,
Si grönnen èng „UNIO'N".

Verbassen, ze', nach bluddeg
So' weist si hinnen d'Zänn
Matt scharfgespötzte Krallen
Ge'nt Deiwlen o'ni Aenn.

So' hârt we' groe Fiélzen
Verwurzelt we' èng Ech
Si stêt! si kann net falen
Si trotzt dem lèschte Strêch.

Ne's hém vun hirer Insel,
De Le'w an de Fochs.
Se hu verlângert! D'Wisel,
Net manner eisen Ochs.

E Sproch aus alen Zeiten
Ass hinnen och bekannt;
„Wann d'Kazen Kaz verze'en"
„Hun d'Meis jo d'Iwerhand!"

Nach dén net ze vergiéssen!
„Wann én op d'Kirmes gét"
„Dém kann et émol ble'en"
„Datt bim seng Plaz vergêt."

't geso'ch én ängschtlech wuessen
An d'He'cht de Freihétsbam,
Dé si gesin, — vru Joren —
So butzech klèng am Dram.

Se röslen an se sto'ssen
Et ré'ert sech ké Blat!
Emsoss hir Konscht a Me'en!
Wuerfir dann och, virwat?

„Gefe'erlech ze woen"
„Wann é sei Wurt net hält"
„Vill schwätzen a verspriéchen"
„Ass och nach lâng ké Geld!

We' soll en dat verstoen
Sech d'Ve'erblat do frit —?
— A sötzen sech verdrösslech
Am Bam sei kille Schiéd — ! — ? —!

De Spatz.

# AUS DER »UNIO'N«

**Verschidden Artikele können ere'scht an de nèxte Nummeren erschengen.**

**Bo'nneweg.** — An der Kommandantur vun de Preisen fonte mer des Notizen: Weber Leo, geboren am 5. 12. 23, zum Feinde übergelaufen am 10. 11. 43 in Russland, auf der Kommandantur in Luxemburg gemeldet am 22. 8. 1944. — Schantzen Johann, geboren am 26. 11. 21, Fahnenflucht im Felde (Russland) am 21. 8. 1943 auf der Kommandatur in Luxemburg gemeldet am 1. 8. 1944. — Peysen Johann, geboren den 2. 12. 21 zum Feinde übergelaufen in Italien am 27. 7. 43. In der Kommandantur in Luxemburg gemeldet am 1. 8. 44. — Mischaux Johann, geboren am 7. 9. 21, zum Feinde übergelaufen am 1. 10. 43 in Italien, auf der Kommandantur in Luxemburg gemeldet am 1. 8. 1944.

**Capellen.** — De leschten Denschdeg hu mir eng le'w Fra zu Graw gedroen, d'Madam Simon-Hau vun hei. Et war hir net vergonnt, lâng an engem freie Letzeburg ze liewen. Hire Jong Aloys hat bei de Preisen déserte'ert, gow awer gefângen geholl. Du ko'm d'Angscht virun der Ömsiedlong vun hirer Familjen bei d'Ongewesshét öm hire Jong. Hir énzech Duechter, no Bre'ssel bestuedt, hat se zönter 4 Jo'er net mé gesinn. Eng gudd letzeburgesch Familjen, zwé vun hire Jongen waren an der Unio'n, go'w auserné gerappt. Et soll hir e klengen Tro'scht sin, dass d'ganz Duref dat lescht Gelét go'w, an Undél geholl huet un hiref de'fe Schmierz.

**De'fferdang.** — Feier vum russesche Nationalfest. — De Sonndég, de 5. November, huet am Sall Schiltz (fre'er Fackelstein) zu De'fferdang d'Feier vun der russescher Oktoberrevolutio'n stattfond, organise'ert vun de Sowjetfrönn vun De'fferdang. Et war dat e'scht Nationalfest, dat mer vun engem vun eise gro'ssen Allie'erten feiere konnten, an de Sall Schiltz war och bis an de leschten Eck geföllt. All Schichte vun der Bevölkerong ware vertrueden, fir de' e'schte Ke'er als frei Mönschen op freie Buedem hire merci an hir Unerkennong der Sowjet-Unio'n vis-à-vis zum Ausdrock ze brengen. De Komerod Useldinger, lét als e'schte Riedner, an enger kurzer markanter Ried de' gewalteg Obbauarbechten a Léschtongen vun der Sowjetunio'n dur. De Burgerméschter Gansen a senger Ried, wirdegt d'Verdingschter vun de Ro'den Arme'en, a streicht erfir, dass et grad hinnen ze verdanken ass, dass mer haut schon als frei Mönschen an engem befreite Land optriede können. Mat engem Vive op d'Sowjetunio'n an de' Allie'ert schle'sst e seng Ried, de ma gro'ssem Beifall opgeholl go'f. Da schwätzt de Komerod Nik Kremer am Numm vun der Unio'n. Seng Ausfe'erongen iwert d'Arbecht vun de Resistenzorganisatio'nen am Krich ware vu gro'ssem Interesse an hun e starke Widderhall fond. Mat engem Vive o d'Sowjetunio'n, an engem Appell un d'En'egkét vun alle Letzeburger, schle'sst e seng starkapplaude'ert Ried. Begéschterten Uklank hun de' volkstömle'ch russ'esch Danz- a Gesangscenen fond, de' vun Russe'schen Deporte'erten virgefo'ert go'fen.

**De'fferdang.** — De Sonndég, den 12. November, wor zu De'fferdang d'Gröndongsversammlong vun der Ligue vun de Letzeburger politesche Flüchtlengen. Als politesch Flüchleng gin all de'je'neg betruecht, de', durch hir Arbecht an der Résistenz vun der preisescher Polizei oder Gestapo gesicht go'wen, sech hirer Verhaftong durch Flucht entze'e konnten, a bis den 10. September 1944 verstoppt waren. Nodem de' onglecklech Kollegen aus de K. Z. a Prisongen, an d'Déserteuren sech verénegt hun, stellt d'Versammlong fest, datt d'politesch Flüchtlengen sech ebenfalls verénegen fir hir Interessen ze vertrieden, sin et jo schliesslech, de' während schwe'rer Joren d'Resistenz gefo'ert hun, durch d'Déserteuren an hir Arbecht ge'nt de Preiss sin se jo leschten Enns politesch Déserteure. D'Versammlong war mat sämtlechen interessanten Ausfe'erongen d'accord, a beschle'sst éstömmeg hir ganz Arbecht nömmen am Kader an Averständnöss mat der Unio'n zu mâchen. — De provisoresche Comité bied heimat de' betreffend Leit, de' als politesch Flüchtlengen a Betracht kommen, um Büro vun der Unio'n De'fferdang virstelleg ze gin, wo' se a Löschten agedro gin.

**Pe'teng.** — Haut huet Pe'teng séng Do'deg gee'ert. All de' zenter dem 10. Mê 1940 gestuerwen sin fir d'Freihét vun hirer klenger Hémecht. All woren se ageschloss an des gro'ss Trauerfeier, de' e Beweis sollt sin, dat iwert d'Graw d'Hémecht un si denkt. — Em ½10 Auer hun sech d'Autorite'ten an d'Vereiner virum Stadhaus versammelt. De Scheffen- a Gemengerôt, d'Beamten vun den énzelne Verwaltongen, d'Gendarmerie, d'Polizei, d'Postbeamten. Duernieft d'Amicale vun de Légionären vum Krich 1914—1918. Delegatio'nen vun der amerikanescher M. P., der F. F. I. vu Lonkech an der Armée blanche vun Attem. Dann de' Pe'tenger Vereiner d'Pompjéen, d'Harmonie Municipale, d'Chorale „Ons Hémecht", de Kirchegesank „Ste Cécile", de Club Sportif an d'Turner vun der „Courageuse". Uschle'ssend de' gro'ss Zuel vun den Unio'nsmember. D'Kirch wor ze kléng, fir se all opzehuelen. De Kirchegesank huet erem sei Bescht gemâch. D'Harmonie huet zum Enn vun der Mass e feierleche Chôral virgedrôen. Durno gong eng gro'ss Prozessio'n op de Kierfech, wo' no engem feierleche Requiem vun der Chorale „Ons Hémecht" an engem Choral vun der Harmonie, d'Absolutio'n virum Cérémoniestén, dé mat dem Hémechtsfuendel an de Kränz vun de Gesellschaften bedeckt wor, virgeholl go'w. Durno huet den Här Philippart, Burgerméschter d'Wurt zo' enger de'fgefillter Trauerriéd ergraff. Hién huet un all dat Uergt erennert, dat d'Land a seng Leit de' ve'er Jor erdurch matgemach hun, un all dat Léd wat eis le'w Verstuerwen matgemach hun ir der Do't se vun allem erle'st huet. Si hannerlôssen eis als hèlleg Vermiechtness d'Pflicht an treier E'negkét dem Land ze dengen. Eng E'eresalw krâcht iwert d'Griewer. Hîre Schall dre't als Gro'ss vun der Hémecht op all de' stöll Griewer an der Friémd, wo' eis Bescht ro'en, de' sche'nst Auszéchnong, de' d'Land séngen treie Kanner get: „Mort pour la Patrie". — Mat dem Ofspillen vun de verschiedenen Nationalhymnen durch d'Harmonie Municipale wor d'Trauerfeier zo' Enn.

**Hollerech.** — Fir d'Hémecht gesturwen. — Et ass, we' mer an onsem Allerse'lengedanke gesot hun, eng ganz Armé vu Letzeburger, de' an der Friémd önnert dem einfachen Holzkreiz drop warden, eröm hémgefe'ert ze gin, eröm operstan fir de Welt de Fridden erömzegin, op de' se mat Ongedold wart. — Wa mer heiando è besonnesch erfirhiéwen, sin se all matené gemengt, an et ass nuren fir dénen heihém, de' net oder we'neg gelidden hun, eng Idi ze gin vun dem Martyrium vun dénen, de' de Patriotissem me' he'ch gestallt hun we' hir ro'eg Existenz dohém. — Den e'schte Letzeburger Mobilise'erten, dén den 18. Juni 1943 zu Kraonoje-Sclo durch en deutscht Krichsgerîcht erschoss go'f, wor de Josy Lorang, dé versicht hat, d'russesch Lin z'errêchen. — Seng stramm a korrekt Haltong, nodém en iwer sei Lo's net me' am Zweiwel kont sin, huet eso'gur op seng Henker Androck gemat. — Sei Glaw a seng Le'ft zur Hémecht hun em d'Kraft gin fir sein heroescht Enn. — Sei Numm get am Goldbuch vun der letzeburger Geschicht net vergiess.

**Hueschtert.** — De virleschten Sonndeg hu mer onse gefalene Jongen, déne de' an d'Wehrmacht gezwongenen an all déne, de' nach önner dem Naziterror leiden, geduecht. Ons Kirech wor vun onsem emsegen Här Paschto'er an den Nationalfarwen, ob dat schénst ausstaffe'ert gin. D'Mess go'f vun him a fei'erlechster Weis zélébre'ert, an d'Priedegt, de hien ob letzeburgesch gehalen huet, wor e Mêschtersteck. Mat Recht sot hien, dass dé Martyrium net emsoss wor. Durch hirt Bludd hätten si et ferdeg bruecht, onser sche'ner Hémecht dé Plaz önner der Sonn ze sechern, de' hir zo'stét. Mir halen hirt Undenken éweg he'ch.

**Kayl.** — Bei enger Sammlong de d'Unio'n vu Kayl, zo Gonschten vun den Evakue'erten vu Musel a Sauer gemat huet, hu mir e Betrag vun 12 468 Rm. obgehuewen. Mir soen alle Kayler, de zo desem sche'ne Resultat beigedroen hun, eise beschte Merci.

**Mamer.** — E Vollek e'ert sech selwer, wann et seng Do'deg e'ert. Dat hun de' Mamer e Sonndeg bewisen durch de feierleche Requiem vun den Deserteuren fir hir Kameroden Albert Kolbach, Valy Konz an Emile Scherer. D'Boer war bedeckt matt den Hémechtsfarwen, fir de' si hirt Liéwe gin hun. We' wann de' Do'deg sech selwer bei deser Feier präsente'ert an de' le'w Hémecht nach eng Ke'er perse'nlech hätte gre'sse wöllen, waren hir gudd Gesichter wuel nömmen am Bild opgestallt. No engem ergreifende Lidd, dat jidderén déf agâng ass, ko'm et we' en hellege Schwur aus Honnerten vun Hèrzer. „O, Du do uewen dém seng Hand". No der Mass sin d'„Déserteuren", beglét vun der Familjen, op de Kirfecht gângen, an hun do e Kranz aus Hémechtsblummen niddergeluegt, fir de' ze e'eren, de' durch Tyrannei gezwongen an der Do'd gejot go'wen. Den Déserteur Edmond Wilhelm huet hinnen dese Noruf gehalen:

Schwe'er gepre'ft Familjen,
Kameroden, Letzeburger.

Wa mir haut de' gro'ss Gnod hun, ons hei zesummen ze fannen, da verbönnt sech domatt de' traureg an zugleich helleg Pflicht, och un de' ze denken, de' matt hirem Bludd d'Hémecht fir ons erkaft hun. Si hun de' gre'sst Affer bruecht an um Altor vun der Hémecht lîcht hell a weit hir Devis: „Mir ware schwâch, mâ stârk genug fir ze stierwen." Schwâch ge'nt eng Onmass vun Trabanten, de' matt dénen onmönschlechsten Möttel versicht hun, ons ze verpreisen a matt Höllef vu feigen Verre'der, de' wéder Hèrz nach E'ergefill am Leiw haten, go'f d'Ble' vun der Letzeburger Jugend an e Militärfrack gestach, dén ons vu Kanndoen un verhâsst wor. Mir gowen virun e Krichswon gespant, de' mir weder ze'e konnten, geschweies ze'e wollten. We' et schengt, hat de Preiss nömmen ént gewollt: — Ons verdillechen. An zo' dém Zweck huet hién ons sche'nsten a bèschte Krâft an d'Feier an an den Do'd gejot. — Mir Letzeburger Jongen, mir wosste gleich wat gespillt ge'f, an no an no huet sech am Hèrz dat gro'sst Ideal erausgeschiélt, dat Ideal fir dat Dausende vu Jongen ewe' Wöller gehaust hun, verstoppt op all me'glech Mane'er, fir dat Ideal Honnerte vu Familjen ömgesidelt go'wen an Dausende vu Letzeburger am K. Z. schmuechten. — Dat alles mag batter an hârt klenken, nömmen wat ass dat alles ge'ntiwer dem sacrifice, dén ons Kameroden Albert, Vally an Emile bruet hun. Si hate net dat gro'sst Gleck, e befreit Letzeburg ze gesin. Si konnte net de Bleck rîchten op d'Freihétssonn, de' an dese Stonnen eso' hémlech op d'Ländchen hire Glanz werft. — Do'deg Helden! Dir sit net me' önnert ons, mir mössen Iech a bei dem Gedanken, datt et op deser Welt kén Eremgesin me' get, schrompt d'Hèrz sech zesummen an eng Tre'n stiélt sech an d'Aen. We' schwe'er muss et engem Papp dach sin, der Mamm de' schrecklech Nouvelle mattzedélen: „Weit an der Friémd leit onse Jong, a seng le'w Hand, de' ons eso' oft e Bre'f geschriwen, ass kal, sei fro'e Bleck, seng hell Aen si gebrach, a sei fröndlecht Lâchen ass fort fir ömmer." — Trauernd Familjen! Wa mir elo des Blummen niderléen, da geschitt et aus Dankbarkét an hellegem Respekt virun dénen, de' den Do'd erdron hun fir d'Hémechtsfarwen ro't, weiss a blo. Ro't ewe' d'Feier wor hir Hémechtsle'w. Blo ewe' e jonge Fre'jorsdag lo'g d'Liéwen an hirem Scho'ss, a weiss ewe' Schne' stong op hirer blecher Stîr der Do'd. Mir fille matt Iech dé schwe'ere Verloscht an onst Gedenken soll Iech e klengen Tro'scht sin. Mir hun e Kamerod verlur an Dir e Steck vun èrem Hèrz. Daper an trei sin si an den Do'd gângen; stârk woren si, a bestömmt wor de leschte Gro'ss e Gebiéd fir de' dohém, fir d'Letzeburger an der Hémecht, dèr och de leschten Hèrzschlag an de' lescht Dröps Bludd gegollen huet. — Schloft ro'eg, gro'ss Mamer, èrt Ideal ass onst Ziel an èren Do'd ass ons Verpflichtong. Mag et Iech och net vergonnt sin, am Hémechtsbuedem ze ro'en, da leit dir dach an der Hémecht, ewell eng Erd, de' matt letzeburger Bludd gedränkt go'f, kann an dârf nömmen e letzeburger Buedem sin. Wann och keng Hémechtsro'sen op èrem Graw erble'en, da gre'ssen iech dofir d'Hémechtsstèren desto le'wer a sche'ner, an de Wanterstûrm dre't de Klackento'n, en Hèrzensgro'ss aus der Hémecht, weit bis dohin, wo' e Letzeburger am Graw op d'Hémecht lauschtert. — Eddi, le'w Letzeburger a gudd Kameroden, dir wort stârk genug fir ze stirwen. D'Erd soll iech lîcht sin an d'Kro'n fir èren Affer iech net ausbleiwen. — Mir gesin ons erem an enger besserer Welt.

**Pe'teng. — De' fir e Sonndeg, den 19. November 1944 virgesin Opklärongsversammlong vun der Unio'n Pe'teng ass op me' spe't verluegt. Den neien Datom get durch d'Press bekanntgemach.**

**Schleifmillen.** — D'Russelager vun der Schleifmillen huet 1510 Frang un d'Unio'n ofgeliwert fir d'Letzeburger Evakue'ert. Et ass e besonnesch sche'ne Gest vun de Repräsentanten vun enger gro'sser Natio'n, de' selwer durch de Krich eso' onmönschlech gelidden huet, dass se och de Misär vun enger klengen Natio'n matfillen. Et sief dat op deser Plaz vun der Unio'n aus extra erfirgehuewen.

# OFFIZIELL MATTDELONGEN

### D'Konschtblieder.

Bis zum 20. November inkl. können d'Bestellongen op d'Konschtbliéder vun der e'schter Emissio'n no der Befreiong vu letzeburger Käppercher gemat gin. No dém Datom ka keng Bestellong me' ugeholl gin. De Preis vun éngem Blad ass 75 Frang.

D'Konschtblieder gin numere'ert an d'Emissio'n get nömmen eso' he'ch we' d'Bestellongen. De Wertvirschoss vun de Käppercher de' op d'Blieder gepecht gin, könt den Evakue'erten zegudd. Desen Iwerwert ass op d'Käppercher opgedreckt matt 50 cts fir all werter bis 1.75, matt 5 Frang fir de' vu 5 an 10 Frang, a matt 15 Frang fir de' vu 20 Frang.

Dodurch dass des Käppercher, matt engem Spezialdatomstempel versin, nömmen op de Konschtblieder verkaft gin, sin all de' aner net eso' gestempelt Werter de' deselwechten Me'wert droen als gefälscht ze betruechten.

(Mattgedélt vun der Postdirektio'n.)

### Avis iwer d'Ömwertong vun de Loyéen.

a) De Loyé, dén uganks op letzeburger Frang gelaut huet a spe'der a RM converte'ert go'f, ass erem a Frang ömzewiesselen zum taux vun 1 RM = 12.50 Frang. D'Reductio'nen sin nés a Krâft gesat, de' vun de letzeburger Gerîchter oder durch Ofmâchong önnert Parteien festgesat woren, op der Basis vum arrêté vum 30. 9. 1939, dé fir de Bail vum Loyé e Schiedsgerîcht agesat hat, wat önnert der Okkupatio'n ofgeschaft gi wor.

b) D'Loyéen, de' önnert der Okkupatio'n a RM festgeluegt woren, gin a Frang ömgewiésselt zum taux 1 RM = 12.50 Frang. Wann de' Loyéen me' he'ch wiren we' d'Loyéen virum Krich plus 25%, können d'Lokatären eng Reduktio'n ufroen bei enger Instanz, de' nach bezéchent get.

Dest neit Reglement get ugewandt vum 18. Oktober 1944 un.

(Mattgedélt vun der Regirong.)

### De Commissariat vum Rapatriement délt matt:

Eng Deputation vum Commissariat vum Rapatriement a vum Letzeburger Ro'de Kreiz wor ugangs November op Genf fir do mam Internationale Ro'de Kreiz sech ze bespriechen iwert den Austausch vu Nuwèllen mat de Letzeburger an Deitschland an iwer d'Méglechkêt fir hinnen ze höllefen.

De' Deputatio'n huet bestan aus den Hèren: Emil Reuter, President vun der Chamber, Letzeburg; Alois Boever-van Gogh, Ingenieur, Letzeburg; Leutnant J. Dupong, Letzeburg.

**Norichtevermöttlong:** Den Austausch vu Familjenorîchten töschent Letzeburg an Deitschland iwert d'Ro'd Kreiz zu Genf op den internationale Formulären ass am Prinzip erlabt, schengt ower am Moment praktesch onme'glech ze sin, wèll no der Erforung Ufroen aus der Schweiz no Deitschland ere'scht an 3—4  Mént beäntfert gin. Et kém jo wuel we'neger drop un, de Letzeburger an Deutschland Norichte vun hire Leit hei ze brengen, we' Norîchten vun de Letzeburger aus Deitschland ze kre'en. Zu dèm Zweck go'f mam Intern. Comité vum Ro'de Kreiz ofgemâch, dass vun der Schweiz aus direkt iwert ons Leidd nogefurscht ge'f. Et ass démno no'twendeg, dass all Renseignementer iwer Letzeburger, dé an Deitschland verschléft go'wen, vun de privaten an öffentleche Stellen dem Commissariat vum Rapatriement mattgedélt gin, dén an der Philippsgâs Nr. 28 sei Büro huet.

**Höllefleschtong.** — Un Hand vun enger zu Genf depone'erter Löscht huet den Intern. Comité vum Ro'de Kreiz versprach, direkt Nahrongsmöttelpäck un de' Letzeburger ze schecken, de' an Deitschland am Prisong oder KZ sin.

Durno gin och Päck gescheckt un d'Letzeburger an den Oemsiedlongslagern.

D'Letzeburger Konsulat zu Lausanne ass mam Opkaf vu Konserven beopdragt. Et get och verhandelt mam belsche Commissariat de Rapatriement fir zesummen Nahrongsmöttelsendongen u si per Bun durch d'Schweiz zu schecken. Et get drop higewisen, dass dofir 1. nömmen Nahrongsmöttelkonserven a Fro kommen, well den Transport no Deitschland eso' lâng dauert, an dass 2. d'Zesummenstellong vun Enzelpäckchen zu Letzeburg selwer fir d'Verschecken u bestömmt Adressen an Deitschland net me'glech ass. D'Päck können nömme vum Ro'de Kreiz zu Genf selwer aus égene Reserven oder aus de Bestänn, de' him durch d'letzeburgescht Konsulat zu Genf oder durch d'Zo'fuhr aus dem Ausland gescheckt gin, zesummegestallt gin.

Vu letzeburger Seit kann also nuren eng Höllef durch Ukaf am Ausland aus Staatsmötteln a Fro kommen.

Privatpâck können net ugeholl an och net weidergeléd gin.

### Letzeburgesch an auslânnesch Wertpobeieren.

Et göt nach engke'er drob higewisen, dass all Umellongen vu Wertpobeieren, de' nom arrêté vum 4. November 1944 virgesi sin, an dreifacher Ausférdegong op de Formulären zu mâche sin, de' è bei der Spuerkés a bei de Banke krit.

De Umellonge könne gemat gin bei folgenden Etablissementer:

Staatsspuerkés
International Bank
Nationalbank vu Belgien, Filial Letzeburg
Generalbank
Banque Commerciale
Luxembourgeoise
Mathieu frères
Crédit Industriel fir Elsass-Lothrengen.

### Text vum Mesage dé bei Geléenhét vum Internationale Stodentendag durch d'Nationalunio'n vun den englesche Stodenten un d'Stodentegruppen an der ganzer Welt gescheckt go'f.

(Iwersetzong aus dem Engleschen.)

Bei Geléenhét vum Internationale Stodentendag schéckt d'Nationalunio'n vun de Stodenten aus England a Wales alle Stodenten an der freier Welt hir Gre'ss. De 17. November ass fir ons en Dag op dé mer ons fréen. Dat lescht Jor lo'gen Honnerte vun onse Komeroden an Europa an engem Kampf op Liewen an Do't ge'nt d'preisesch Occupatio'n vun hire Länner. Haut gesin se d'Universite'ten nés eng Ke'er frei a fäheg hir rechtme'sseg Plaz am kulturelle Liewen vun den demokrateschen Natio'nen anzehuelen. Dat lescht Jor hun de' Stodenten, de' zesummen am Internationale Stodente-Conseil geschafft hun, versprach, ze arbechten, ze stode'eren, sech ze forme'eren an ze kämpfen fir datt den Internationale Stodentendag vun 1943 de leschte sollt sin, dén de Faschismus nach mächteg geso'ch. D'Resultat vun dém Verspriechen gesi mer elo wo' de' Stodenten an hir ége Länner an op hir égen Universite'ten, di elo vum Feind befreit sin, zreckgin. D'Arméen vun de Verénegten Natio'nen, d'Truppen vun der Populatio'n selwer an déne besatene Länner, an d'industriell an intellektuell Arbechter weit vun de Schluechtfelder, hun all zu dém Sieg beigedron.

Mir hun dese Krich ni ungesin we' wann en nömmen fir d'militäresch Virherrschaft gefe'ert géng. Mir hun och drop gezielt d'Rechtschaffenhét vun de Birger an d'akademesch Wo'recht ze retten. Eso' lâng ewe' de' nach nöt sechergestalt sin, könne mer nöt soen datt onse Sieg vollstänneg gewonn ass. Mer verfollégen matt gro'sser Sympathie d'Ustrengongen de' ons Komeroden an Europa mâchen fir hir Länner vun alle Quislingen proper ze mâchen.

Mir huelen Dél un engem Krich dé sech an der ganzer Welt ofspillt an ons Gedanken sin haut ganz speziell bei de chinesesche Stodenten. Si hu sech geschlon ir mir ugefângen hun a si stin nach ömmer an engem ganz erbötterte Kampf ge'nt d'japanesch Agressio'n. Hire Kampf ass onse Kampf a mir sin bis zum Schluss hir Allie'ert.

D'Stodenten am Westen gin elo un die gro'ss Aufgab, di dra bestét, de' zesummegefall Universite'ten nés opzerîchten, de' verlure Sâchen a Bicher nés beizebrengen an d'Stodenteliewen a sengem vollste Sönn nés hirzestellen. Fir ons an England, wo' mer keng friem Occupatio'n mattgemâcht hun, ass et eso' wuel eng Pflicht ewe' och e Privilég onst méscht hirzegin fir onsen Komeroden an Europa dobei zu höllefen. Den Internationale Stodentendag ass fir ons eng speziell Geléenhét fir an der Praxis ons international Solidarite't ze beweisen.

Elo wo' mer dösen Internationale Stodentendag frei vum Terror begin, e'ere mer de' de' während de Krichsjoren hirt Studium verlôss hun, an hirt Liewen fir d'Sâch vun der Freihét hirgin hun. An allem Ierscht verpflichte mer ons un dénen Idéalen festzehalen fir de' si alles gin hun wat se haten. Als Stodenten werde mer derfir surgen, dat all faschistesch Ideologie, falsch Wössenschaft a virageholl Geschicht aus onse Scho'len an Universite'ten élimine'ert gött. An onse stodenteschen Organisatio'nen erlabe mer nöt, datt e Rassenönnerschéd gemâcht gött an datt eng organise'ert Gewalt d'frei Discussio'n zerste'ert. Mer versichen d'intellektuellt Liewen an d'international Verstännegong vun alle Stodenten ze bereicheren, an dodurch ze höllefen de Grond zo' enger Welt mat dauerhaftem Fridden ze léen.

Dammen- an Härecoiffeur
**Niki Kirsch**
HABSCHT
Wöll der èng sche'n, gudd an dauerhaft Permanente, da gitt bei den Habschter Niki

Dir kennt de Metty dach
Möllech huet hién, Ram a Brach,
matt sengem Hükokogefier,
brengt hién iech alles bis op d'Dier
**Metty Konsbrück-Zeimes**
HELMSEM

De Moris stellt seng Sémaschin,
besurgt dir d'Holz an de Benzin
**Moris Nic.**
WALFER

Wo' rascht én, wann é midd spaze'ert,
wo' gött é gudd a fein serve'ert?
**Bei Apel-Sartor**
WALFER

En eleganten Hittchen, dernier cri,
kaft dir beim
**Odette**
Modiste, WALFER

Beim Coiffeur
**Moulin Nic.**
WALFER, Letzeburgerstrôss,
gitt der sche' coiffe'ert

Garage
**Bouquet Robert**
WALFER
Fachmänneschen Auto-dépannage-Dengscht

Am Café
**Heuardt-Linster**
WALFER, Dikrecherstrôss
gött et ömmer gudden Dikrecher Be'er

Kaft dir gèr gudd a bölleg, da, git op WALFER an dat alt bekannt Geschäftshaus
**Wolff-Dumont**

Gudd a réell bedengt git der beim
**Heini Hack-Killburg**
Metzlerméschter,
WALFER, Dikrecherstrôss
Hié liwert an d'Haus

Fir e gudden an störfreien Radioempfang, nömmen eng verbessert Jemulux-Zömmer-Antenn vum
**Jengy Müller**
ERNSTER

## SI WÖLLEN SECH BESTUEDEN

Zwé Unionisten vun 20 an 30 Jor, 1.84 m gro'ss, sichen sech ze bestueden matt zwo' gleichgesönnte Jofferen vum Land. Gre'sst Diskretio'n.

Photo'en an Zo'schröften, de retourne'ert gin, sin önner der Nr. 901 ze schecken un d'Redaktio'n vum Unio'nsorgan.

## FAMILJENANNONCEN

Bestued gin e Samschteg, den 25. November 1944 zo Fre'sengen

**Ketty Chenneaux**, Te'tengen — **Albert Hengen**, Fre'sengen

**Remerciement.**

D'Madame Veuve Léon Saeul an hir Kanner, soen der Unio'n De'fferdang, der De'fferdanger Stadmusek, den Arbéchtskollegen, dem Privatbeamteverein, an allen aneren villmols merci fir d'Massen an de' vill Blumen, de' se hirem le'we Mann dem

**Léon SAEUL**

durbruet hun.

De'fferdeng, den 9. November 1944.

# DEN NEIE FRANG

Mir hun also erem e letzeburger Frang. De' Art a Weis we' d'Ömwiesselong vun der Mark virgeholl go'f, huet jo muenech Onzefriddenhét ervirgeruff. Kritiken a Virschle' hu mer geliest a gehe'ert, de' den Ömtausch ob me' eng équitabel, a fir allem fir de' kleng Leid me' gönschteg Mane'er wollten hun. Anerer hu gemengt et hätt matt dem Ömtausch iwerhapt nach solle gewart gin bis emol me' normal Verhältnisser agetratt wären. Mir wöllen net ob all de' Kritiken agoen, e'schtens well den Ömtausch fèrdeg ass an net me' geännert ka gin, an dann och, lôsse mer et richteraus soen, well et ömmer Onzefriddener gi wär, an och wirklech Benodélegter, egal we' den Ömtausch gemach gi wär.

Et ass och net eso' wichteg, ob den énzelen beim Ömtausch nach 500 oder 1000 Frang me' eraus kritt hätt, an ob den ale letzeburger Frangschein zo' engem Frang oder zo' 1.25 ömgetosch gin ass. Vill vun ons, a grad de' obrichtegst Letzeburger, hun am Krich durch hir patriotesch Haltung d'Verme'ge verluer, aner d'Liéwen, d'Freihét an d'Gesondhét, aner d'Plaz an den Akommes. Dénen gét et och elo net drob un, ob e puer Frang me' oder manner erausgefall sin; an no dénen, de' am Krich hirt relativ gemitlecht Liewen an hiren Akommes haten, brauch dobei iwerhapt net gekuckt ze gin, wo wirklech me' he'ch Intressen am Spill stin.

Zwo' Sachen sin ower vu prinzipieller Wichtegkét, a vun der Le'song vun déne Froen hänkt et of, ob é matt dem Modus vum Ömtausch averstane ka sin oder net.

Dat e'scht ass, datt all Krichsgewonn zo' honnert Prozent eweggesteiert get. An dat zwét, datt de neie Frang, dém sei Wèrt offiziell festgeluegt go'f, och wirklech dé Wèrt behält, an datt önner kengen Ömstänn zo'geloss get, datt eng Entwertong dovun och nömmen a Fro ka kommen.

Wat dat e'sch ubelangt, huet ons Regirong jo ganz formell Zo'secheronge gin. Mir hu Vertrauen an de gudde Wöllen vun der Regirong a mir hoffen, datt si sech och stark genoch wärd weisen fir hirt Verspriéchen och voll a ganz anzele'sen. Mir sin duerfir och der Ménong, datt eng vireileg Kritik schlecht op der Plaz wär, mé datt, we' iwregens an alle Froen, de' den Opbau vun onser Wirtschaft ugin, et me' wichteg a me' richteg ass, de verantwortleche Leiden mat Rot an Dot beizestoen ass we' bölleg ze kritise'eren a vu virerof schlechte Wöllen oder Onfähegkét unzehuelen. Et kann é ganz gudd der Ménong sin, datt d'Regirong, de' haut do stét, net me' dem Wölle vum Vollek entsprécht, wann et och nömme wär well si net durch de' hart Scho'l gangen ass, de' mir an de leschte ve'er Joer mattgemach hun, a well si net ganz am Bild vun dém wat hei virgang ass ka sin, a vun den No'twennegkéten, de' sech stellen. Mé et muss én ower net vergiessen, datt de' Regirong elo do ass an do muss sin, eso'lang we' d'Vollek et net anescht bestömme kann.

Et durf én och net vergiessen, an dat soll virun allem all gudde Patriot sech virun d'Aen halen, datt et d'Pflicht vun all Letzeburger ass, sei Méscht a sei Bèscht beizedron fir datt d'Liewen an d'Wirtschaft bei ons me'glechst se'er a me'glechst licht a geurdnet a normal Bunnen gelét gin. Eso'lang we' des Regirong do ass, musse mir all hire gudde Wöllen unerkennen an hannert hir stoen. Mir mussen eng „Union sacrée" durchfe'eren, eso' we' mir et am Krich gemach hun, an ons matt virun d'Kar spanen, och wann dem Fo'ermann seng Nues desem an dém vielleicht net eso' gefällt.

Wat d'Krichsgewönner ubelangt, do ass et no'twenneg net ze warden, mé me'glechst se'er d'Bestömmongen z'erlôssen, no dénen all Krichsgewonn dem Staat verfällt. D'Feststellongen an d'Nofuerschen no de Krichsgewönner mussen och direkt gemach gin. Et genügt net nömmen de' Suen, de' beim Ömtausch virgewise go'wen an elo blocke'ert sin, als Garanti unzegesin, mé et muss och no déne Krichsgewönner gekuckt gin, de' a Wuren, Immobilien an Aktien oder an Devisen ugeluegt go'wen. De Verme'gensbestand vun 1940, verglach mat dém vun haut göt jo doriwer de' ne'deg Obschlöss.

Also net gezeckt a ké falscht Matléd matt dénen, de' matt de Preisen Geschäfte gemach hun, we' de' aner gelidden an zum Dél alles verluer hun. Et wär gudd, wann d'Regirong bei der Ermöttelong vun de Krichsgewönner och d'Matthöllef vun déne Leid ge'f erunze'en, de' am Krich hire Mann gestallt hun, we' et gehéscht huet, ge'nt d'Preisen durhalen, an de' hir Affer bruecht hun zum Beschte vum Land.

Wat den zwéte Ponkt ubelangt, si mir der Ménong, datt önnert kengen Ömstänn zo'geloss därf gin, datt de Wert vum neie Frang irgendwe' ugetascht get oder och nömmen an Zweiwel gestallt ka gin. De' nei Festsetzong vum Wert vum letzeburger Frang huet schon eng ganz stark Entwertong am Vergleich zum Virkrichsfrang bruecht. De' Entwertong ass geschidd, si ass matt a Kaf geholl gin. Si kann nömmen erdroe gin, wa mir elo matt abseluter Secherhét können drop bauen, datt de Wert, dén elo festgeluegt go'f, definitiv a gesechert ass.

Virum Krich wor e letzeburger Frang 1.25 belscht Geld wèrt. De belsche Frang vun haut huet eng Entwèrtong vun eppes klengs me' we' 36 Proz. erfuer. De letzeburger Frang vun haut huet déselwechte Wèrt we' de belsche Frang vun haut. Dodurch huet de letzeburger Frang vu virum Krich also e Wèrt gehat vu ronn 1,70 letzeburger Frang vun haut. Oder e letzeburger Frang vun haut ass nach knapp 58 Centim vu virum Krich wèrt.

Et ass selbstverständlech, datt d'Kafkraft vum neie Frang entspriechend me' kleng ass. Mir mengen net domatt de' zo'fälleg Kafkraft de' bedéngt ass durch de Mangel u Wueren, mé de' wirklech, normal Kafkraft, de' hiren Ausdrock och muss fannen an den offiziell festgeluegte Preisser. De' Erhe'gong vun de Preisser am Vergleich zo' de Virkrichspreisser ass duerfir och net matt 60 Proz. unzesetzen, mé matt ongefe'er 70 Prozent. Dat entsprecht och a Wirklechkét me' de Preisser, we' se elo bestinn.

Et gét doraus ervir, datt d'Le'n a Gehälter och net em 60 Prozent mussen erhe'cht gin, fir der Entwèrtong vum Frang Rechnong ze droen, mé em ronn 70 Proz. Mir mengen domatt eng Moyenne, o'ni ower ze soen, datt de' Erhe'gong uniform fir all Gehälter, ob gro'ss oder kleng soll virgeholl gin.

De' Erhe'gong als Moyenne gét dann dur, a muss durgoen, wann d'Preisser och an démselwechte Moss bleiwen. Dueriwer muss d'Regirong ganz stark wâchen, well si de Wèrt, an och d'Kafkraft vum Frang net durf weider fale lôssen.

De Wuremangel brengt vum selwen och de Schwarzhandel eröm op d'Bén. Ofgesinn dovun, datt de Schwarzhandel haut, wo' mir de Preise lass sin, als eppes onpatrioteschés, délweis eso'gur als e Verbriéchen um Land muss bezéchent gin, bedeit en och eng gro'ss Gefor fir de Wért vum Frang. Dodurch datt de Schwarzhandel onerhe'ert Wucherpreisser fir d'Wure bezillt, ass de Frang entspriechend diskredite'ert. Et ass also och aus dèr Ursach eraus no'twenneg, de Schwarzhandel matt den allerschärfste Möttel ze önnerbannen.

Et ass duerfir och no'twenneg fir all Wuren, de' an de Verkaf kommen, He'chstpreisser festzesetzen an eng streng Kontroll anzefe'eren, fir datt de' Preisser och net iwerschratt gin. De' Leid, de' de Schwarzhandel bedreiwen an zum Dél dovu liéwen oder sech domatt bereichere wöllen, si net interessant genoch fir datt och nömmen de' allermannst Récksicht op se geholl get.

Fir datt ower matt der ne'deger Energie agegraff get, gesi mir et als no'twenneg un, datt de' Leit d'Kontroll mâche sollen, oder we'negstens matt erugezu gin, de' am Krich hir Pro'f bestanen hun. Mir denken, datt mir bei der Regirong och duerfir dat ne'degt Verständnes fannen.

r.

# Bis op de lèschten Dubbel

We' den Här Staatsminister Dupong ons um Radio iwert den Ömtausch vun der Mark geschwat huet, huet en ons gewarnt, et dèrft én sech keng Illusio'ne machen iwert d'Me'glechkét, vun de Preisen de Schued, dén se bei ons gemach hun, voll a ganz ersat ze kre'en.

Mir verstin, datt den Här Finanzminister sei Budget net op enger Créance opbaue kann, de' net honnertprozenteg secher ass. Mir verstin och, datt en ons matt dem Zweiwel un der Solvabilite't vun dém Schöldner d'Perte me' licht a me' no'twenneg wollt schenge lossen, de' den Ömtausch vun der Mark fir 5 Frang fir jidferén vun ons matt sech bruecht huet. Mir sin och alleguer gäre berét, Affer ze brengen, fir d'Finanzen an d'Wirtschaft vun onsem Ländchen ze stärken an ze secheren. Mé mir wöllen, mir können a mir därfen ower d'Ménong net opkomme lossen, datt et fir de Preiss eng Me'glechkét könnt gin fir sech lanscht seng Schold ze drécken.

Ons Allie'ert, a matt hinnen mir och, fe'eren dese Krich fir dem Recht an der Gerechtegkét erem Geltong an der Welt ze verschafen. Et kann an durf net sin, datt grad dén, dén d'Recht net kannt an dén d'Gerechtegkét matt Fe'ss gesto'ss huet, ongestroft hätt därfen rawen a stielen, muerden a brennen an net emol breicht de Schued erem gudd ze machen, dén seng ongeheier Verbriéchen verursacht hun, a wann en dat gestuelent Gudd net emol breicht erem ze gin. Da ge'f jo de Fridden erem matt enger neier Ongerechtegkét ugefangen an et wär en direkt Encouragement fir de Preiss, önnert der Hand alt erem eng Ke'er én drötte Versuch ze plangen a virzeberéden.

Mir sin duerfir dèr Ménong, datt et iwerhapt guer kén Zweiwel doriwer ka gin, datt de Schued, dén de Preiss ons durch sein Iwerfall direkt an indirekt gemach huet, integral muss erembezuelt gin. Fir allem durf u verantwortlecher Plaz dorunner kén Zweiwel bestoen, fir datt ons d'Recht o'ni Zecken an Zoen, matt alle Möttelen a matt aller Energie vertrueden a verdédegt get.

Wa mir nu vu Krichsschued schwätzen, da muss én e wuel an zwo' Kategorien andélen.

An de' e'scht Kategorie gehe'eren de' Schuedenersazfuerderongen fir dat wat d'Preisen ons, dem Staat an den énzele Letzeburger, gestuel hun. Et falen duerönner de' Suen, de' se an den öffentleche Késen matt ewech geholl hun, dem Postscheck, der Spuerkés, de' verschidde Verwaltongen asw.

Et falen dorönner d'Autoen an d'Riéder, de' si am Laf vum Krich, an zemol zum Enn gerawt a gestuel hun, o'ni och nömmen en Dubbel derfir ze bezuelen. Et sin doranner anzebegreifen all de' Verme'gen vun déne Letzeburger, de' d'Preisen an d'KZ. geheit hun, de' se ömgesidelt hun, so'weit we' de' Verme'gen net me' do sin, d'Radioen, de' se beschlagnahmt hun asw. asw.

An de' Rubrik gehe'ert och de Schuedenersaz fir de force'erten Ömtausch vum Frang am Joer 1940 zum Saz vun 10 Frang ass eng Mark. A Wirklechkét wor de Wèrt vun der Mark démols nömmen 3 Frang an net 10. Dodurch datt d'Preisen ons 10 Frang ofgekneppt hun, hun se ons 7 Frang op der Mark gestuel a sin ons de' schölleg. De' 5 Frang, de' mir elo vun onsem Staat beim Ömtausch vun der Mark op Frang pro Mark eremkruten, entspriechen iwregens och 3 Frang vu virum Krich. Onse Frang ass bekanntlech dem belsche Frang gleich gestallt. E belsche Frang vu virum Krich wor ower nömmen 0,80 letzeburger Frang wèrt. De' 5 Frang me'gen also nömme me' 4 Frang. Wann én dann nach a Betracht ze't, datt de belsche Frang och em 36,36 Prozent gefall ass, da bleiwt fir de' 5 Frang vun haut nach knapp e Wèrt vun 3 Frang vu virum Krich.

Fir all Mark, de' elo bei ons ömgetauscht go'f, ass de Preiss ons also 7 Frang schölleg. Wann och elo me' Marken am Land woren we' mir der 1941 fir ons Frange kruten, da könnt dat eben dohir, datt de Preiss ons Wuren fir seng preisesch Mark ofgeholl huet, zo' 1 Mark ass 10 Frang. Fir de' ass en ons den Önnerschéd och schölleg.

Et könnt dann dobei all dat wat d'Preise bei ons mutwölles zerste'ert hun, o'ni militäresch nach aner No'twennegkét. Häff, de' se a Brand gestach hun, Sprengongen, de' se gemach hun, énzeg fir nömme Schued ze machen, Wein, dén se auslafe gelôss hun, so'weit we' s'en net konnte matthuelen asw. asw. D'Holz, dat se ons aus de Böscher geholl hun könnt och derbei, well de Schued, dén se an onse Böscher ugericht hun ass a lange Joren net ausgewuess.

An dann ass haptsächlech och de Schuedenersaz ze rechnen, dén ons geschöllt ass fir de Schued u Liéwen, Gesondhét, Verme'gen a Verdengscht, dén d'Preisen déne gemach hun, de' se an d'Prisongen, d'KZ.-Lager an an d'Ömsidelongslager verschléft hun, énzeg an eleng well si gudd Letzeburger woren. Et könnt derbei de Schued u Liéwen, Gesondhét, Verme'gen a Verdengscht vun de Jongen, de' se an den Arbeitsdienst an an d'Wehrmacht gezwongen hun. Fir de' Leid a fir de' Jongen, de' dobei den Do'd erlidden hun, fir de', de' krank oder kröppelech gi sin, muss Schuedenersaz geléscht gin. Fir all moralesch a kierperlech Peng, de' se durch d'Preisen auszeston haten, mussen d'Preisen bezuelen.

An de' zwét Kategorie fällt dann de Schued, dén direkt durch de Krich entstanen ass, a fir dén de Preiss verantwortlech ass, well e ge'nt all Recht a Gesetz de Krich an onst Land gedroen huet. Doranner fällt de Schued vun de Krichshandlongen an onsem Land, Schued durch d'Sche'ssen, Bombardementer asw.

Et stét ausser Zweiwel, datt onse Staat de Geschiédegte ge'ntiwer d'Verpflichtong vum Schuedenersaz dre't. Mé et ass ower grad eso' selbstverständlech, datt mir vum Preis dat mussen erem kre'en wat en ons geholl huet an dat ersat musse kre'en wat en ons mutwölles an o'ni irgend eng No't gerawt an zerste'ert huet. Doriwer ka vu virerof kén Zweiwel bestoen. Wat de Preiss geholl huet, muss en erem gin, a wann en et bei seng ége Leid an d'Heiser muss siche goen. Et durf ké Preis me' e Radio hun so'lang we' net de gestuelene Radio irgendwo' an Europa erem hannescht ko'm. Datselwecht muss sin matt den Autoen, matt de Rieder, matt de Miwelen, mam Wein a matt allen aneren gestuelene Wuren a Sâchen. Et ass ganz egal wivill d'Zomm dovu get, alles wat gestuel ass muss erem hannescht. Ass dat eso' onhémlech vill, datt de Preiss behapt e könnt et net machen, dann ass em ze äntferen, datt en eben eso' onhémlech vill gestuel hat, an datt dat wat en huet, dann net him gehe'ert, mé dénen, de' et vun him gestuel kruten.

Wat d'Bezuelen ugét vum Schued, dén se gemâch hun, durf et keng Entschöllegong gin. D'Preisen hun zönter 33 drop a derwidder geschafft fir d'Möttel zesummenzebrengen, fir de' aner ze önnerdrecken, fir bei hinnen rawen a stiélen an zerste'eren ze können. Duerfir hu si jo gären Honger gelidden an sech ofgequetscht. Si hu gewisen wat si konnten, we' den Zweck wor, de' aner ongleckiech ze machen. Da sollen si elo datselwecht léschten fir dat wat se zum Onwé gemach hun, erem gudd ze machen. E falscht Matléd durf et net gin. Bis op de lèschten Dubbel musse mer afuerderen wat mer ze kre'en hun. Fir en De'f, Reiber a Mèrder durf et kén Erbarme gin, eso' lang we' en net dodurch datt en alles wat e verbrach huet erem gudd mecht, bewisen huet, datt et em Iescht ass matt der Besserong.

Ons Regirong durf önner kengen Ömstänn sech eppes ofmârte lossen. D'ganzt Land stét hannerun hir. D'ganzt Land ge'f se ower désapprouwe'eren, wann se och nömmen irgendwe' no ge'f gin.

r.

# Wucherpreisser

Iwerdreiwen, verallgemengeren ass haut Mo'd, ower ömmer schlecht an ongerecht.

Et go'f am Krich jo Baueren, de', zo' hirer Schân siéf et gesot, fir dat knaschtegt preisescht Judasgeld le'wer hir Se'l verkaft hätten matt hirer E'er, ass we' datt se enger geploter Mamm fir hire Jong an der Wehrmacht e Pond Botter oder eng hallew Dosen Eer zo' engem verstännege Preiss eremgelôss hätten. Et woren och Geschäftsleit, de' fir de bèschte Letzeburger keng Box verkafe konnten a ké Schongstreckel, de' ower Stöfter a Schong oder aner Sâchen hannert der Te'k hâten, so' vill, we' én nömme wollt, wann é se matt Botter oder Speck lackele konnt, oder och, wann e Preis ko'm, dén se gefart hun, an dén se matt Schmiren gedölleg mâche wollten.

Dat go'f et leider Gottes. Mè et waren Ausnahmen. Et wär eng schwe'er Ongerechtegkét, wann én d'Ustännegkét vun der weitaus gro'sser Majorite't vun de Baueren domatt wölt belo'nen, datt én hinnen de Schleckjang an de Wucherer ge'f unhänke wöllen an et wär net an der Rei, wann én de' e'erlech Geschäftsleit matt dén aneren an é Sak geheie wölt.

Et därf én sech net wonneren, wann én am Krich an eng Bauerekiche ko'm ass fir Botter oder Eer ze froen, a wann én dann iwerall he'eren huet et wär neischt do. A weitaus de méschte Fäll ass dat warscheinlech och eso' gewiescht. Nömmen dén, dé selwer bei de Baueren a matt hinne geliéwt huet, wéss, we' et do zo'gângen ass. Vu muerges bis owes ko'm én Hamsterer nom aner. Dozo' ko'men dann de' al Konnen vu virum Krich, de' gemengt hun, dofir e Virrecht ze hun. Et ko'men de' dobei, de' um Feld a an der Scheier gehollef hu schaffen, wann d'Arbecht gedrängt huet. Si wollten net matt Geld, mè matt Wure bezuelt sin. Et ko'men all de', de' irgend eppes fél haten, wat de Bauer gebraucht huet. An dann huet e gin an en huet gin. Sein Ofliwerongsquantum go'ng zum gudden Dél matt ewèch, an en huet geziddert fir wann d'Kontroll ke'm, de' en hätt können an de Prisong brengen, zemol wann en als gudde Letzeburger bei de Preisen am schwarze Buch sto'ng.

Wann an énzel Fäll **Wucherpreîsser** gefrot go'wen, da solle Nimm publize'ert gin, fir datt net de ganze Stand erofgerass get. Si mussen als dat bekant gin wat se sin, als Schleckjangen a Wucherer. De Fiskus muss sech hirer unhuelen, an en de Lâscht vun dém erwucherte Geld ofhuelen. Doniéwent soll de Procureur sech och em si intresse'eren. Si sin et wèrt. —

Wan ower am Krich e Bauer drei oder ve'er oder och nach fönnef Mark fir e Pond Botter gefrot huet, da kann én dat net als Wucherpreîss bezéchnen. Mir erönneren ons jo nach allegur, we' mir vun onser Regirong, de' démols nach zo' London so'tz, durch de Radio he'eren hun, de' preisesch Mark hätt gur ké Wèrt. D'Regirong huet et jo gewöss gudd gemengt, mè we' an eso' vill anere Fäll wor si net am Bild an si huet ons Sâche verzapt, de' se besser gehat hätt fir sech ze halen.

Me' schlömm ower ass et, wann **haut** nach Schwarzhandel a Wucherpreîsser festgestalt musse gin. Wién haut nach schwarz kéft a verkéft, dé schafft domatt ge'nt d'Intresse vu Letzeburg. Wién haut Botter zo' 100 oder eso'gur 200 Frang d'Pond verkéft, gehe'ert an de Prisong a sei Verme'gen soll beschlagnahmt gin, ewell en ass als Verbriécher unzegesin. Dén, dén de' 100 oder 200 Frang get, gehe'ert bei en an de Prisong, an et soll nogekuckt gin, wo' en dat Geld verdengt huet, dat en eso' lîcht ausget.

Et ass onerhe'ert haut, wo' mir erem gudd Geld hun, vun dém de Wèrt festgeluegt, an och secher garante'ert ass, feststellen ze missen, watfir Preîsser musse bezuelt gin. Mir hu jo en Office, dén d'Preîsser festsetzen a kontrolle'ere soll. E soll sech e bösschen tommelen, fir datt d'Vertrauen an de Frang bei déne Preîsser net bei der Deiwel gét.

r.

# Papp, we'ni kre'e mir eise Radio erem?

Vleicht götte et mer me' lîcht, wann ech d'Hierz kann ausschödden, et sötzt vill Batteres dran. An de' batter Gedanken de' kommen, besonnesch owends, wa mer no Feierowend d'Nouvellen lauschtere wöllten oder e we'neg Musek, an 't ass kê Radio do.

Mir haten e fonkelneien, we' de Krich ugângen ass, an ech so'tz all Sondes murges mat Fra a Kanner derbei, Tro'scht ze huelen a neie Kurâsch, wann d'Gro'ssherzogin oder é vun eise Ministeren geschwat huet. A wann dann zum Schluss d'Hémecht gespillt ass gin, da sin eis d'Tre'nen an d'Ae kom. Natirlech huet ömmer é missen Wuecht stoen, én em den aner, well d'Gefor wor gro'ss an d'Strofen hârt. Awer mir woren erem gestierkt, fir nammel eng Woch de Kapp ze weisen. Well d'Nazien woren ömmer hannert engem, fir én an d'Vö dö Bö ze kre'en. Si hu mat Do'd an Deiwel gedrét, mer all Ermächtegongen entzun, d'Bezugsscheiner verweigert, den Auto beschlagnahmt, an eso' virun. Schliesslech hun se mir, we' och vill aneren am Joer 1942 de Radio einfach geholl. Dat wor fir eis dé Moment en urge Schlâg. D'Kanner hu gekrasch, ech hun op d'Zänn gebass: Sit ro'eg Kanner, wann d'Preisen mol erem fort sin, kre'e mir en eröm. An ech hun si e Lidd gele'ert, dat mer dann als Ersatz fir d'Londoner Sendong Sondes murges gesongen hun:

(op d'Weis vun der Hémecht)

Mir sin der Gro'ssherzogin trei
so' lâng de Bolsschlâg gét;
ass si ablecklech och net hei,
fir ons et fest dach stét:
Si gléft un ons a mir un si
un d'Land an u seng Trei,
:/: Durfir vergiesst ons Charlotte ni
Durch si gi mir 'röm frei :/:

D'Preise si fort. Schon 2 Me'nt. „We'ni kre'e mir eise Radio eröm", hun d'Kanner ewell honnertmol gefrot. So é gudde Mönsch mir, wat ech hinne soll zur Äntwert gin. Vleicht dat hei?! Kanner, ère Papp huet e gro'sse Féler gemat. Ech gesin et ewell an. Ech hätt et och solle mân, we' muncher aneren lorömmer, mech upassen an de Preisen an d'Hand goen. Dann hätt ech grad we' de' dat söllege Kannergeld vun der V. d. B. kritt, wurfir ech mer dann och hätt können eng nei Ne'maschin kafen. Aplaz d'Ermächtegongen ewèg geholl ze kre'en, hätt ech och durch d'Preise vill Geld verdengt a mir hätte keng Bezugsscheiner verweigert kritt, (am contraire, och vleicht sèlwer eng Zeit auszedéle kritt) an déne betreffenden „Och-Patrioten" hir Kanner hätten iech net durgesto'ss: „Mir brauchen ower keng gefléckte Kléder unzedin." (Eis Kanner sin démols hém kreische kom.)

An nach aner allerhand Sâchen hun d'Preisen hire Fifien zo'komme lôsst bis zur Gre'sst vun engem Hektar. An si können nach haut de Radio lauschteren.

Denkt un

d'LETZEBURGER

an der Friémt!

Drock Fr. Bourg-Bourger Letzeburg